# DE FUUSS

INFORMATIOUNEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2022

BULLETIN COMMUNAL



*Foto: Damaris*
*Foto Cover: Pierre Haas*



# DËST STEET HEI DRAN


D'Wuert vum Redaktiounscomité 3


## D'GEMENG
### *LA COMMUNE*


Rapporte vun de Gemengerotssëtzungen 4
Zivilstand/État civil 17
Aweiung vun der erliefnespädagogescher Spillplaz op der Heringer Millen 19
Laurinda Bessa Ribeiro am Interview 24
25 Joer op der Gemeng: Léo Neumann 25
Nationalfeierdag – 22. Juni 2022 26


## SCHOUL & MAISON RELAIS
### *ÉCOLE & MAISON RELAIS*


Den C1 am Mudam 29
Schoulsportdag 30
14 juillet & petit déjeuner 31
Liesung fir d'Kanner aus dem C2 32
Liesung fir den Précoce an den C1 33
Sprangprozessioun zu Waldbëlleg 33
Coupe scolaire 34
Ofschlossgrillfest 2022: Cycle 4.2 35
Schoulfest 2022 36
Service „Krank Kanner Doheem" 39
Wéi connected bass du? 41


## VERÄINER
### *ASSOCIATIONS*


D'Aéromodelliste vu Chrëstnech 42
FC Olympia Christnach/Waldbillig 44
Club des Jeunes 47
Neies vum Turnveräin „Ëmmer Fit" 48


## KULTUR A GESCHICHT
### *CULTURE ET HISTOIRE*


Waldbëlleger Musek 50
Uergelfrënn Waldbëlleg 52
Lokalnoriichten aus den Archiven erausgepickt 54
Wat fir eng Pescht! 56


## LIEWEN AN DER GEMENG
### *VIE RURALE*


Duerffest 2022 68
Beweeg dech-Woch! 70
(Im)Mobilitéit 72


## KLIMAPAKT
### *PACTE CLIMAT*


Klimaberoder 77
D'Gemeng Waldbëlleg engagéiert sech fir den Naturschutz 78
Mount vum Bongert 79
De CIGR-Mëllerdall huet 10 Joer! 82
Summerblummen/Fleurs d'été/Summerflowers 85


## WAT ASS LASS?
### *QUE FAIRE ?*


Agenda 86
Lost & Found 86
Gemengerot 87
Restauranten 87


## VILL FREED BEIM LIESEN!
## *BONNE LECTURE !*


Foto: Damaris

# D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

## LIICHT UM ENN VUM TUNNEL?

Mir haten e schéine Summer.

Schéint Wieder, mir konnten op Fester goen, Nationalfeierdeeg hu mer gefeiert wéi et soll sinn, a mir hunn eis net missten aspären. Et war esouguer e Schoulfest an en Duerffest, an dat fir d'éischt dee selwechte Summer – thanks to Corona. Mir hunn alles nogeholl!

Natierlech ginn et B-Mollen: Klimawandel, Dréchent, gespaarte Stroossen, Virusmutatiounen, de Krich, kee Gas. Ze waarm am Juli! A kal am Wanter?

Loosse mer frou sinn doriwwer, datt mer eng schéin Zäit erlieft hunn Dir fannt an dëser Editioun an esouguer op der Titelsäit de Reportage iwwer déi wonnerbar Spillplaz am Mëllerdall, déi de Kanner vill Freed an de Site nach méi attraktiv mécht.

Hale mer d'Daimercher fir d'Zukunft a verléiere weeder de Courage, wann et emol manner gutt ass, an och net den Esprit vu Solidaritéit. Vill Mënsche komme bei eis, aus der Ukraine, dem Irak oder Iran, Eritrea an Äthiopien, oder soss engem vun de ville Länner, an deene Misär ass. Si hunn dacks alles verluer an traumatesch Erliefnesser hannert sech. Si hunn et verdéngt, datt mer eis hirer unhuelen.

Den nächste FUUSS kënnt am Januar vum Neie Joer 2023. Bis dohinner alles Guddes un Iech all an elo schonns e flotten Hierscht a schéi Feierdeeg.

*Marc Barthelemy*



*Redaktioun: Marc Barthelemy, Karin Enser, Corinne Meyers, Isabelle Oberlé.*
*Grafesch Gestaltung: Susanne Hangarter*
*Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.*
*Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg*
*An en décke Merci un d'Ekipp aus der Gemeng, déi eng ferm Hand mat upeekt:*
*Martine Dimmer, Kim Ruppert, Pit Beckené, Filipe Soares, David Sonnetti*
*Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.*

# D'GEMENG // *LA COMMUNE*

## RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSËTZUNGEN

Dës Rapporte gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseilleren nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisiounen an engem Dossier festgehalen a vun de Conseilleren ënnerschriwwe gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucke goen.

Dës Rapporte sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explikatioune geschriwwen. Dofir sinn déi lëtzebuergesch an déi franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalen ass.

## GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/2

### Sëtzung vum Donnëschdeg, den 19. Mee 2022

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: /.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-02-01 | Personalaffär. |
| 2022-02-02 | Organisatioun vum Fondamental fir d'Schouljoer 2022/2023: Lëscht 1, Propositioun fir d'Neizoudeelung vun de fräie Posten am Fondamental. |
| 2022-02-03 | Avancement am Grad vun engem Gemengenaarbechter. |
| 2022-02-04 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-02-05 | Schafe vun engem Poste fir e Gemengenaarbechter. |
| 2022-02-06 | Einname vum Joer 2021. |
| 2022-02-07 | Restantenetat vum Joer 2021. |
| 2022-02-08 | Méijärege Finanzplang. |
| 2022-02-09 | Ofännerung vun engem temporäre Mietvertrag. |
| 2022-02-10 | Kontrakt fir d'onentgeltecht Zurverfügungstelle vun engem Eefamilljenhaus |
| 2022-02-11 | Akt fir eng gemengnëtzeg Servitude. |
| 2022-02-12 | Bewëllegung vun engem Tauschvertrag. |
| 2022-02-13 | Bewëllegung vun engem Kafvertrag. |
| 2022-02-14 | Konventioun mam gemeinsamen Office social Fiels fir d'Joer 2022. |
| 2022-02-15 | Bewëllegung vun enger Konventioun. |
| 2022-02-16 | Festleeë vun de Sëtzungsgelder fir d'Membere vun de konsultative Gemengekommissiounen. |
| 2022-02-17 | Bäifüge vun enger Taxe am Reglement iwwer d'Infrastrukture betreffend d'Uschléissen un den Drénkwaasserreseau. |
| 2022-02-18 | Entscheedung iwwer d'Éierung vun de verdéngschtvolle Sportler wärend de Festlechkeete vun Nationalfeierdag 2022. |
| 2022-02-19 | Konventioun iwwer d'Zurverfügungstelle vun engem Gemengegebai fir d'Bedreiwe vun enger Photovoltaikinstallatioun. |
| 2022-02-20 | Prinzipienentscheedung iwwert eng eventuell Photovoltaikinstallatioun um Daach vum Zentralheizungsgebai an um Daach vum Gebai vun der Vergréisserung vum Gemengenhaus. |
| 2022-02-21 | Festleeë vun den Norme fir d'Bauen an d'Bewirtschafte vu Gemengegebaier an d'Gemengenentwécklung (Klimapakt 2.0). |
| 2022-02-22 | Ufro fir en aussergewéinleche Subsid. |
| 2022-02-23 | Subsidufroen. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender,



Foto: Damaris

Michels an Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, folgend Punkten op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2022-02-24 | Spuere vum Elektrësche wéinst der Präiserhéijung vun den Energien. |
| 2022-02-25 | Installatioun vun elektrësche Bornen am Kader vun engem globale Parkkonzept. |

**1.** De Huis clos gëtt decidéiert an dono erëm opgehuewen.

**2.** De Gemengerot proposéiert eestëmmeg, der Madamm Simon Aurélie de fräie Posten C1 1p 100% am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeelen.

De Gemengerot proposéiert mat 7 Stëmmen der Madamm Elisabeth Reichling den 1. fräie Posten C2-4 2p 100% am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeelen.

De Gemengerot proposéiert eestëmmeg, der Madamm Sarah Zoratto den 2. fräie Posten C2-4 2p 100% am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeelen.

De Gemengerot proposéiert mat 5 Stëmmen an enger Enthalung der Madamm Sandra Caroline Schmeler de fräie Posten C2-4 1p 100% am Fondamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeelen.

**3.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn, fir e Gemengenaarbechter an de Gehältergrupp C vum Kollektivvertrag vum Stat ze hiewen.

**4.** De Conseiller Michels freet ob d'Gemeng Bescheed wees, dass Steng am Baachbett fir an de Kanal op der Adress 2-A rue André Hentges leien. D'Buergermeeschtesch confirméiert, dass de Proprietaire sech scho gemellt huet, an dass d'Waasserverwaltung och schonn dowéinst op der Plaz war, fir derno ze kucken.

De Conseiller Bender informéiert sech driwwer wéi laang d'Strooss bis an de Mëllerdall nach zou ass. D'Buergermeeschtesch äntwert, dass dëst nach ee Mount laang sou ass. No Informatioune vu Ponts & Chaussées dauert et nach bis et zur Exekutioun kënnt vun hirem Projet wou d'Strouss gerutscht ass. Mat den Aarbechte vun der Aussegebietsentwässerung vun der rue Laach fiert d'Gemeng lo mol bis op d'Héicht vun der Michel-Rodange-Strooss.

Dee selwechte Conseiller freet wéini d'Spillplaz am Mëllerdall opgeet, déi Ugangs Juni vu Luxcontrol ofgeholl ginn ass. De Schäfferot bestätegt, dass se viraussiichtlech den 22. Juni soll opgemaach ginn.

**5.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, e Poste vu 4 Stonnen d'Woch op onbegrenzten Zäit ze schafen.

**6.** De Gemengerot hëlt d'Einame vum Joer 2021 eestëmmeg un.

**7.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg,

- d'Chiffre wéi a folgendem Tableau vum Restantenetat unzehuelen:

| | | Geweínleche Service | Ausseruerdentleche Service |
|---|---|---|---|
| provisoresch Reprisen | 101.260,54 EUR | 101.260,54 | |
| Hannerloosse vu Scholden | 1.313,40 EUR | 1.313,40 | |
| Total | 102.573,94 EUR | 102.573,94 | |

- dem Schäfferot d'Averständnis ze ginn fir geriichtlech géint d'Schëldner virzegoen.

**8.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis zum Avenant vum Mietvertrag vum 31. Januar 2022 ze ginn, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg engem Privaten en Deel vum Wunnhaus op 3, rue du Hallerbach zu Haler verlount. Den Avenant besteet an der Verlängerung vun der Dauer vun dësem Mietvertrag ëm 6 Méint, dat heescht bis den 30. Oktober 2022.

**9.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Kontrakt iwwer d'gratis Zurverfügungstelle vum Haus 2A, rue des Rochers am Mëllerdall un eng ukrainesch Famill, déi virum Krich geflücht ass.

**10.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Akt iwwer d'Schafe vun enger Servitude vum 25. Abrëll 2022, laut deem Privatleit der Gemeng Waldbëlleg eng irrevokabel gemengnëtzeg Servitude op hiren Terrainen accordéieren, déi um Kadaster ënner den Nummeren 616/4740, 616/4741 « Am Lahr » agedroe sinn.

**11.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Tauschcompromis vum 7. Februar 2022, laut deem Privatleit der Gemeng Waldbëlleg eng Emprise, geleeën zu Waldbëlleg an um Kadaster ënner der Nummer 448/4798 mat enger Fläch vu 27 Zentiar agedroen, iwwerloossen. Am Géigenzug kréien d'Leit vun der Gemeng eng Parzell mat enger Fläch vu 27 Zentiar, déi laanscht hiren Terrain leeft an déi um Kadaster ënner der Nummer 445/4839, Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass.

**12.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Compromis vum 15. Februar 2022, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg engem Privaten eng Emprise, geleeën an der Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vun +/- 9,49 Zentiar zum Präis vu 66 € verkeeft.

**13.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze ginn zum Compromis vum 15. Februar 2022, laut deem d'Gemeng Waldbëlleg engem Privaten eng Emprise, geleeën an der Sektioun A vun Haler, mat enger Fläch vun +/- 9,53 Zentiar zum Präis vu 67 € verkeeft.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Konventioun vum gemeinsamen Office social an der Fiels fir d'Joer 2022, déi den 18. Mäerz 2022 tëschent dem Office social, dem Stat an de bedeelegte Gemenge geschloss ginn ass an déi d'Relatiounen tëschend den 3 Partien betreffend d'Organisatioun an de Finanzement reegelt, unzehuelen.

**15.** De Gemengerot erkläert sech averstan mat der Konventioun tëschent der Gemeng Waldbëlleg a Privatleit, déi de 17. Mäerz 2022 ënnerschriwwe ginn ass an hir Drénkwaasserversuergung an d'Rechter a Flichte vun all Partei reegelt.

**16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Punkt 2022-02-16 „Festleeë vun de Sëtzungsgelder fir d'Membere vun de konsultative Gemengekommissiounen" op déi nächst Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

**17.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, eng Forfaitstax betreffend d'Infrastrukturen an der Gemeng Waldbëlleg am Taxereglement vum 21. November 2000, vum 1. September 2022 u virzegesinn. Folgenden Artikel gëtt am Taxereglement vun der Gemeng Waldbëlleg bäigesat:

**Artikel 4:** Op den Uschlëss un d'Drénkwaassernetz gëtt pro Eefamilljenhaus eng Forfaitstax vu 650 € erhuewen fir en 1 Zoll Rouer vun enger Längt vu maximal 15 Meter.

D'Uschlëss vun anere Gebaier un d'Drénkwassernetz ginn no hiren tatsächleche Käschte verrechent.

**18.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg den Tarif fir verdéngschtvoll Sportler am Joer 2022 wéi follgend festzeleeën:

- 100 € individuell Sportler
- 500 € fir Ekippen.

**19.** De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg d'Konventioun betreffend d'Zurverfüngstelle vum südlechen Daach vun der Kierch vu Chrëschtnech fir d'Bedreiwe vun enger Photovoltaikanlag, déi den 10. Mee 2022 tëschend der Gemeng Waldbëlleg an der Energiekooperativ „Energiepark Mëllerdall" geschloss ginn ass.

**20.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Energiekooperativ „Energiepark Mëllerdall" weder den Daach vum Gebai vun der Zentralheizung nach dee vun der Vergréisserung vum Gemengenhaus, fir d'Bedreiwe vun enger Photovoltaikanlag zur Verfügung ze stellen, an domat der Gemeng selwer d'Méiglechkeet virzebehalen, fir esou Installatiounen ze exploitéieren.

**21.** De Gemengerot hëlt eestëmmeg d'Normen un, déi fir d'Bauen an d'Bedreiwe vu Gemengegebaier an déi kommunal Entwécklung am Kader vum Klimapakt 2.0 festgeluecht a wärend der Versammlung vum 28. Abrëll presentéiert gi sinn.

**22.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Veräin Kalatou asbl en aussergewéinleche Subsid vun 1000 € zouzespriechen.

**23.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, follgenden Associatiounen e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

- Sécurité routière Luxembourg
- SOS Détresse Luxembourg
- Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung
- La canne blanche asbl
- Pharmaciens sans frontières
- SOS Villages d'enfants
- Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché
- Lux-Lagos asbl
- El Salvador – Luxembourg
- Care Luxembourg
- Handicap International
- Wonschkutsch asbl
- Amnesty International
- Ordre de Malte Luxembourg
- Fleegestatioun fir wëll Déieren
- Fir ëffentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg asbl
- World Rescue Challenge Luxembourg 2022.

**24.** Spuere vum Elektrësche wéinst der Präiserhéijung vun den Energien.

*„Zum Thema Liichtverschmotzung hunn d'Gemenge Pëtschent an Diddeleng eng flott Initiative ergraff, andeems owes d'Luuchten op 20 % erofgedimmt ginn an dann iwwer Beweegungsmelder eropgesat ginn falls Trafic an der Strooss ass.*

*Mir géifen de Gemengerot bieden, dem Schäfferot den Optrag ze ginn sech ze informéieren wéi an Zäite vu steigenden Energiepräisser als Gemeng Stroum kéint agespuert ginn."*

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Schäfferot ze beoptragen, Kontakt mat der Gemeng Pëtschend opzehuelen, fir sech iwwer hire System vum Erofdimme vun de Luuchten ze renseignéieren an de Gemengerot doriwwer ze informéieren.

**25.** Installatioun vun elektrësche Bornen am Kader vun engem globale Parkkonzept.

*„An Zäite vum Klimawandel an duerch international Krisen, denken ëmmer méi Bierger driwwer no op Elektromobilitéit iwwerzegoen. Dëst beinhalt dann och, datt een als Gemeng deem soll Rechnung droen an doduerch op ëffentleche Plazen/Parkingen deem entgéintkommen.*

*Mir géifen de Gemengerot bieden, dem Schäfferot den Optrag ze ginn sech ze informéieren wéi a wou ee kéint Elektrobornen opstellen an dëst dann an ee Gesamtparkingkonzept fir d'Gemeng anzeschaffen."*

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Schäfferot ze beoptragen sech bei Creos Luxembourg SA iwwert e globalt Parkkonzept mat elektresche Bornen um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg ze informéieren.




# GEMENGEROTSSËTZUNG 2022/3

**Sëtzung vum Dënschdeg, den 28. Juni 2022**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
// THOLL Jean-Joseph, Schäffen,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, Conseilleren,
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt:

// BOONEN Serge, Schäffen, huet dem THOLL Jean-Joseph d'Procuratioun ginn, fir a senger Plaz ofzestëmmen.

**Dagesuerdnung**

| | |
|---|---|
| 2022-03-01 | Froe vum Gemengerot un de Schäfferot. |
| 2022-03-02 | Schafe vun engem Beamteposte vum Gehältergrupp C1, techneschen Ënnergupp. |
| 2022-03-03 | Schafe vun engem Aarbechterposten an der Karriär E vum Kollektivvertrag vum Stat. |
| 2022-03-04 | Festleeë vum Sëtzungsgeld fir d'Membere vun de kommunale Kommissiounen. |
| 2022-03-05 | Provisoresch Schoulorganisatioun 2022/2023. |
| 2022-03-06 | Järleche Plang fir d'Joer 2023 vun den Aarbechten un de Felweeër. |
| 2022-03-07 | Bewëllegung vun engem onbefristeten Aarbechtsvertrag. |
| 2022-03-08 | Avenant vun engem onbefristeten Aarbechtsvertrag. |
| 2022-03-09 | Bewëllegung vun engem befristeten Aarbechtsvertrag. |
| 2022-03-10 | Konventioun iwwer d'Bestëmmungen am Kader vun der Realisatioun vun engem Projet fir e PAP an der Hierheck zu Chrëschtnech. |
| 2022-03-11 | Konventiounen iwwer gemengnëtzeg Servituden. |
| 2022-03-12 | Prinzipienentscheedung iwwer d'Ausschaffe vun enger Konventioun fir d'Liwwere vu Quelwaasser un d'Gemenge Bäertréff a Beefort. |
| 2022-03-13 | Entscheedung iwwer d'Ausüben oder d'Zerécktriede vun engem Virkaafsrecht. |
| 2022-03-14 | Subsidufroen. |
| 2022-03-15 | Verschiddenes. |

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

| | |
|---|---|
| 2022-03-16 | Am Klimapakt 1 huet sech en Aarbechtsgrupp mam Tri vum Dreck op der neier Spillplaz am Mëllerdall auserneegesat. Elo mat der Aweiung vun der neier Spillplatz wier et flott wann duerch de Klimapakt 2.0 Mesure kéinten ëmgesat ginn an esou Punkte fir eis Gemeng kënnen ugerechent ginn. |

**1.** D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Fro un de Schäfferot agereecht:

*Huet d'Gemeng en internt Reglement an deem festgehalen ass, wéi d'Gemengematerial genotzt ka ginn, dëst bezunn op déi heite Punkten:*

- *Gebrauch vun de Gefierer gemengenintern.*
- *Verléine vu Material un d'Bierger.*

D'Buergermeeschtesch äntwert, dass d'Gemeng kee Reglement huet wat d'Verléine vu Material ugeet. De Responsabel vum Service vun de Bauten huet den Auto vun der Gemeng zu senger Verfügung fir de Fall wou eng Urgence op engem Chantier ass. D'Aarbechter dierfe klengt Geschier wéi en Hilti an déi kleng Remorque ausléinen. E Bagger, Trakter an aner grous Gefierer sinn net gestatt.

Fir d'Bierger gëtt et en Taxe Reglement vum 22.12.2017 laut diem déi mobil Toilette an de Kompresser zu engem bestëmmten Tarif kënne verléint ginn an d'Aarbechtsstonne vun den Aarbechter fir privat Leit, sou wéi fir d'Heckeschneiden verrechent ginn.

**2.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir en zousätzleche Beamteposten vun 100% an dem Gehältergrupp C1, techneschen Ënnergrupp fir den techneschen Déngscht ze schafen.

**3.** De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmmen an zwou Enthalungen (d'Conseillere Bender an Tobes), en Aarbechterposte fir manuell Aarbechten an der Karriär E fir den techneschen Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg ze schafen. D'Gehalt gëtt op Basis vum Kollektivvertrag vum Stat fixéiert.

**4.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, fir vum 1. Januar 2022 un d'Sëtzungsgeld fir d'Membere vun de kommunale Kommissiounen vun der Gemeng Waldbëlleg op 50 € pro Reunioun festzeleeën.

D'Gemengereglement vum 12. Dezember 2002, wat d'Sëtzungsgeld vun de Membere vun de kommunale Kommissioune fixéiert, ass domat ofgeschaft.

**5.** De Gemengerot hält d'Schoulorganisatioun vum Fondamental fir d'Schouljoer 2022/2023 fest.

**6.** De Gemengerot hält de järleche Plang fir d'Joer 2023 vun den Aarbechten un de Feldweeër esou fest:

| Uertschaft | Sektioun | Lieu-dit | Art vun den Aarbecht | Längt |
|---|---|---|---|---|
| Chrëschtnech | C | Beim Keizenbour, Hohgrund | Steeschëddung | 1100 m |
| Waldbëlleg | B | In Lambich | Erneierung vum Profil | 351 m |

**7.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Aarbechtsvertrag vum 5. Mee 2022 fir e villsäitegen Aarbechter aus der Karriär B vum Kollektivvertrag vum Stat fir 40 Stonnen d'Woch vum 15. Juli 2022 un.

**8.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zum Avenant vum Aarbechtsvertrag vun engem Aarbechter, laut deem dësen Aarbechter an de Gehältergrupp C vum Kollektivvertrag vum Stat gehuewe gëtt.

**9.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu engem befristeten Aarbechtsvertrag vun enger Botzkraaft fir 40 Stonnen d'Woch vum 20. Juni 2022 bis den 30. Juni 2023.

**10.** De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun vum 16. Mee 2022, déi tëschend der Gemeng Waldbëlleg an der SA Capalux Constructions geschloss ginn ass an déi d'Konditiounen an d'Flichte fixéiert, fir e PAP an der Hierheck/In Arken zu Chrëschtnech ze realiséieren.

**11.**

a) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun vum 16. Mee 2022 iwwert eng gemengnëtzeg Servitude, laut där eng Privatpersoun der Gemeng geneemegt, fir mat enger Reewaasserleitung op enger Längt vun 140 Meter iwwert hiren Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 269/1 an der Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass, ze fueren.

b) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Konventioun vum 23. Mee 2022 iwwert eng gemengnëtzeg Servitude, laut där eng Privatpersoun der Gemeng geneemegt, fir mat enger Reewaasserleitung op enger Längt vun 71 Meter iwwert hiren Terrain, deen um Kadaster ënner der Nummer 267/4360 an der Sektioun B vu Waldbëlleg agedroen ass, ze fueren.

**12.** De Gemengerot gëtt säi prinzipiellt Averständnis fir d'Ausschaffen an d'Ënnerschreiwe vun enger neier Konventioun betreffend d'Liwwere vu Quellwaasser un d'Gemeng Bäertrëf. Eng nei Konventioun mat der Gemeng Beefort bleift momentan nach a Suspens.

**13.** De Gemengerot entscheet vu sengem Virkaafsrecht betreffend d'Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 554/4601 an der Sektioun C vu Chrëschtnech agedroen ass, zeréckzetrieden.

**14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg, deenen heite Veräiner e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

- OTM Haïti
- Médecins sans frontières
- Association Luxembourg Alzheimer.

**15.** De Conseiller Barthelemy informéiert, dass de CIGR Mëllerdall säin 10-järege Gebuertsdag gefeiert huet an ënnersträicht den Notzen vun där Entreprise, déi Chômeuren engagéiert. De CIGR hätt e schéine Bilan an huet eng ganz Partie Leit ënnerbruecht, et wier eng nëtzlech Enterprise. Verschidde Gemenge gräifen op hir Ekippen zréck, fir de Gemengenaarbechter ze hëllefen.

Dee selwechte Conseiller rapportéiert vun der Reunioun vun der Mobilitéit zu Gréiwemaacher an där hien d'Fro gestallt huet, fir eng reegelméisseg Verbindung fir op Iechternach ze kréien, well eis Gemeng keng méi huet. D'Äntwert war, dass mir keng kréien, well keng Nofro do ass.

D'Conseillère Meyers deelt mat, dass si den 13. Juli eng Versammlung am CIPA huet, wou lo wéngt Corona iwwer eng länger Zäit näischt méi war. Si freet och wéi et gehandhabt gëtt mat der Éierung vun de Sportler. D'Leit musse sech bei der Gemeng mellen, wa se net hei an engem Veräin sinn, am Fall wou se e sportlechen Exploit ze verzeechnen hunn.

De Conseiller Tobes informéiert, dass am Comité vum Recycling Center zu Junglënster iwwer eng Erweiderung geschwat gëtt. Déi Junglënster Gemeng huet Terrainë kaf a wäert sech un eis Gemeng wenne, fir där hir Virstellung fir déi Erweiderung ze kennen. Hire Règlement interne gëtt och eventuell nach eemol iwwerschafft, fir ze definéiere wat ee vu Verschiddenem u Quantitéit kann do ofginn.

De Conseiller Michels informéiert, dass déi 1. Etapp vun der Aarbecht vum Vëlo- a Wandergrupp ofgeschloss ass. Et ass gefrot ginn, ob de Grupp nach soll weider bestoe bleiwen, fir en anert Thema ze traitéieren. Doriwwer muss nach diskutéiert ginn. Den Avis vum Grupp zum Réimerwee um Freckeisen war gefrot ginn. De Grupp huet sech dergéint ausgeschwat, de Wee komplett aus der Hand ze ginn fir de Fall, dass d'Gemeng en zu engem spéideren Zäitpunkt notze wéilt, wann zum Beispill Kanner wéilten zu Fouss an d'Schoul goen. D'Buergermeeschtesch ënnersträicht nach eemol, dass de Wee net verkaf gëtt.

De Conseiller Michels freet no, ob d'Gemeng d'Poubellen um Kierfecht mat Pictogramme kéint beschrëften, fir ze verhënneren, dass d'Leit alles zesummen an eng Poubelle geheien, amplaz de Buedem vun de Coupen ze trennen.

**16.** Am Klimapakt 1 huet sech en Aarbechtsgrupp mam Tri vum Dreck op der neier Spillplaz am Mëllerdall auserneegesat. Elo mat der Aweiung vun der neier Spillplaz wier et flott wann duerch de Klimapakt 2.0 Mesurë kéinten ëmgesat ginn an esou Punkte fir eis Gemeng kënnen ugerechent ginn.

*Mir géifen de Gemengerot bieden dem Schäfferot den Optrag ze ginn zesumme mam Klimaberoder ze kucken, dës Mesurë schnellstméiglech ëmzesetzen.*

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Schäfferot dermat ze beoptragen, fir sech bei der SuperDreckskëscht (SDK) iwwert eng selektiv Sammlung vun all Zort vun Offall op der Spillplaz am Mëllerdall ze informéieren.

# LES RAPPORTS DES RÉUNIONS DU CONSEIL COMMUNAL

Les présents rapports sont établis par le secrétariat communal, contrôlés par les conseillers et approuvés par la bourgmestre. Ils se fondent sur les délibérations du conseil communal dont les décisions sont inscrites sous leur forme exacte au dossier des délibérations, signés par tous les conseillers. Tout citoyen peut consulter ce dossier dans les localités de l'administration communale.

Les présents rapports sont rédigés d'une façon plus compréhensible, avec davantage d'explications. C'est pourquoi la version française et la version luxembourgeoise peuvent légèrement diverger. Dans ce cas, les décisions inscrites au dossier des délibérations font foi.

## RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2022/2

**Séance du jeudi, 19 mai 2022**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// BOONEN Serge,
// THOLL Jean-Joseph, échevins,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé : /.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2022-02-01 | Affaire de personnel communal. |
| 2022-02-02 | Organisation de l'enseignement fondamental, année scolaire 2022/2023 : liste 1, proposition d'affectation et de réaffectation des candidat(e)s aux postes vacants d'instituteurs/trices de l'enseignement fondamental. |
| 2022-02-03 | Avancement en grade d'un salarié communal. |
| 2022-02-04 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins |
| 2022-02-05 | Création d'un poste de salarié communal. |
| 2022-02-06 | Titres de recette de l'année 2021. |
| 2022-02-07 | État des restants de l'année 2021. |
| 2022-02-08 | Plan pluriannuel financier. |
| 2022-02-09 | Avenant à un contrat de location temporaire. |



*Foto: Damaris*

2022-02-10 Contrat de mise à disposition précaire à titre gracieux.
2022-02-11 Actes de constitution de servitude.
2022-02-12 Approbation d'un compromis d'échange.
2022-02-13 Approbation de compromis de vente.
2022-02-14 Convention avec l'Office social commun Larochette de l'année 2022.
2022-02-15 Approbation d'une convention.
2022-02-16 Fixation des jetons de présence revenant aux membres des commissions consultatives communales.
2022-02-17 Ajoute au règlement des taxes sur les infrastructures portant sur le raccordement en eau potable.
2022-02-18 Décision sur l'ovation des sportifs méritants lors des festivités de la Fête Nationale 2022.
2022-02-19 Convention relative à la mise à disposition d'un bien immobilier aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque.
2022-02-20 Décision de principe concernant une éventuelle installation photovoltaïque sur le toit de l'immeuble abritant la centrale de chauffage au bois et sur le toit de l'immeuble de l'extension de la mairie à Waldbillig.
2022-02-21 Fixation des normes pour la construction et l'exploitation de bâtiments communaux et le développement communal (pacte climat 2.0).
2022-02-22 Demande d'un subside extraordinaire.
2022-02-23 Demandes de subside.

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseiller Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

2022-02-24 Économie d'électricité suite à la hausse des prix d'énergie.
2022-02-25 Installation de bornes électriques dans le cadre d'un concept global de parking.

Le conseil communal :

- traite le point 1 sous huis clos ;
- propose à l'unanimité d'affecter Madame Simon Aurélie au poste vacant d'instituteur(trice) C1 1p SUR 100% A22-23 dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;
- propose avec 7 voix de réaffecter Madame Elisabeth Reichling au 1er poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 2p 100% dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;
- propose à l'unanimité de réaffecter Madame Sarah Zoratto au 2e poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 2p 100% dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;
- propose avec cinq voix et une abstention de réaffecter Madame Sandra Caroline Schmeler au poste vacant d'instituteur(trice) C2-4 1p 100% A22-23 dans l'enseignement fondamental de la commune de Waldbillig ;
- décide unanimement de marquer son accord à l'avancement d'un salarié du service technique de la commune de Waldbillig, dans le groupe de salaire C de la convention collective des salariés de l'État en vigueur ;
- décide unanimement de créer un poste de salarié à raison de 4 heures par semaine à durée indéterminée ;
- approuve unanimement les titres de recette de l'année budgétaire 2021 ;
- décide à l'unanimité des voix
  - d'admettre l'état des restants comme suit :

| | | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|---|
| en reprises provisoires | 101.260,54 EUR | 101.260,54 | |
| en décharges | 1.313,40 EUR | 1.313,40 | |
| Total | 102.573,94 EUR | 102.573,94 | |

  - d'accorder au collège des bourgmestre et échevins l'autorisation de poursuivre en justice les débiteurs qui figurent à l'état avec la mention « à poursuivre » ;
- décide à l'unanimité de marquer son accord à l'avenant au contrat de location du 31 janvier 2022 aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig loue à un particulier une partie de la

maison d'habitation sise à L-6370 Haller, 3, rue du Hallerbach, qui prévoit la prolongation du contrat en question d'une durée de 6 mois, voire jusqu'au 30 octobre 2022 ;

- décide unanimement de marquer son accord au contrat de mise à disposition précaire à titre gracieux, aux termes duquel l'administration communale de Waldbillig met à disposition d'une famille ayant jusqu'à récemment habité en Ukraine et fui la guerre, la maison sise à Mullerthal 2A rue des Rochers ;

- décide unanimement de marquer son accord à l'acte de constitution de servitude du 25 avril 2022 aux termes duquel des particuliers accordent à l'administration communale sur les terrains inscrits au cadastre sous les numéros 616/4740, 616/4741 lieu-dit « Am Lahr » une servitude irrévocable d'utilité publique ;

- décide de marquer son accord au compromis d'échange du 7 février 2022 aux termes duquel des particuliers cèdent à l'administration communale une emprise, sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 448/4798, avec une contenance de 27 centiares. Les particuliers concernés reçoivent en contrepartie de l'administration communale de Waldbillig, la parcelle, longeant leur propriété de terrain, sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, inscrite au cadastre sous le numéro 445/4839, avec une contenance de 27 centiares ;

- décide unanimement de marquer son accord au compromis de vente du 15 février 2022 aux termes duquel l'administration communale déclare vendre à un particulier, une emprise, sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance totale de +/- 9,49 centiares au prix de 66 € (soixante-six euros) ;

- décide unanimement de marquer son accord au compromis de vente du 15 février 2022 aux termes duquel l'administration communale déclare vendre à un particulier une emprise, sise à Haller, section A de Haller, avec une contenance totale de +/- 9,53 centiares au prix de 67 € (soixante-six euros) ;

- décide unanimement d'approuver la convention de l'Office social commun de Larochette de l'année 2022 conclue le 18 mars 2022 entre l'État, les communes affiliées et l'Office social commun réglant les relations entre les trois parties relatives à l'organisation et au financement des activités de l'Office social ;

- décide unanimement de marquer son accord à la convention signée le 17 mars 2022 entre l'administration communale et des particuliers réglant leur approvisionnement en eau potable et définissant les droits et obligations de chaque partie ;

- décide unanimement de reporter le point 2022-02-16 « Fixation des jetons de présence revenant aux membres des commissions consultatives » à la prochaine réunion du conseil communal ;

- décide unanimement d'ajouter une taxe forfaitaire, avec effet au 1er septembre 2022, au règlement-taxe du 21 novembre 2000 fixant les taxes d'infrastructure à percevoir dans la commune de Waldbillig comme suit :

  **Article 4 :** Sur les raccordements au réseau d'eau potable, il est perçu une taxe forfaitaire de 650 € par maison unifamiliale pour un tuyau 1 pouce d'une longueur maximale de 15 mètres.

  Les raccordements d'autres bâtiments au réseau d'eau potable sont facturés d'après leur coût effectif ;

- décide unanimement de fixer pour 2022 le tarif à accorder aux sportifs méritants comme suit :

  – 100 € pour les sportifs individuels
  – 500 € pour les équipes sportives ;

- approuve unanimement la convention relative à la mise à disposition d'un bien immobilier, la toiture orientée vers le sud de l'église de Christnach, aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque, signée le 10 mai 2022 entre l'administration communale et la société coopérative « Energiepark Mëllerdall » ;

- décide unanimement de ne pas accorder à la société coopérative « Energiepark Mëllerdall » la mise à disposition des toitures de l'immeuble abritant la centrale de chauffage au bois et de l'immeuble de l'extension de la mairie à Waldbillig



Foto: Georges Koster

aux fins de l'exploitation d'une installation photovoltaïque et de se réserver la possibilité d'exploiter de telles installations par la commune ;

- adopte unanimement les normes fixées pour la construction et l'exploitation des bâtiments communaux et le développement communal dans le cadre du Pacte climat 2.0. telles que présentées lors de la réunion du groupe climat du 28 avril 2022 ;

- décide unanimement d'accorder un subside extraordinaire de 1.000 € à l'association Kalatou asbl ;

- décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

  - Sécurité routière Luxembourg
  - SOS Détresse Luxembourg
  - Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung
  - La canne blanche asbl
  - Pharmaciens sans frontières
  - SOS Villages d'enfants
  - Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché
  - Lux-Lagos asbl
  - El Salvador – Luxembourg
  - Care Luxembourg
  - Handicap International
  - Wonschkutsch asbl
  - Amnesty International
  - Ordre de Malte Luxembourg
  - Fleegestatioun fir wëll Déieren
  - Fir ëffentlech Bibliothéiken Lëtzebuerg asbl
  - World Rescue Challenge Luxembourg 2022

- décide unanimement de charger le collège échevinal de prendre contact avec la commune de Putscheid afin de se renseigner sur leur système d'abaissement de la luminosité et d'en informer le conseil communal ;

- décide unanimement de charger le collège échevinal de s'informer auprès de Creos Luxembourg SA au sujet d'un concept de parking avec des bornes électriques sur le territoire de la commune de Waldbillig.

# RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2022/3

**Séance du mardi, 28 juin 2022**

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
// THOLL Jean-Joseph, échevin,
// BARTHELEMY Marc,
// BENDER Maxime,
// MEYERS Corinne,
// MICHELS Mike,
// TOBES Romain, conseillers,
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé :
// BOONEN Serge, échevin, a donné une procuration à THOLL Jean-Joseph de voter à sa place.

**Ordre du jour**

| | |
|---|---|
| 2022-03-01 | Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins. |
| 2022-03-02 | Création d'un poste de fonctionnaire du groupe de traitement C1, sous-groupe technique. |
| 2022-03-03 | Création d'un poste de salarié dans la carrière E du contrat collectif des ouvriers de l'État. |
| 2022-03-04 | Fixation des jetons de présence revenant aux membres des commissions consultatives communales. |
| 2022-03-05 | Organisation scolaire provisoire 2022/2023. |
| 2022-03-06 | Plan annuel 2023 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale. |
| 2022-03-07 | Approbation d'un contrat de travail à durée indéterminée |
| 2022-03-08 | Avenant à un contrat de travail à durée indéterminée |
| 2022-03-09 | Approbation d'un contrat de travail à durée déterminée |
| 2022-03-10 | Convention fixant les dispositions dans l'intérêt de la réalisation d'un projet d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Christnach |
| 2022-03-11 | Conventions de servitudes d'utilité publique. |
| 2022-03-12 | Décision de principe relative à l'établissement d'une convention de fourniture d'eau de source avec les communes de Berdorf et de Beaufort en vue de l'expiration rapprochée des conventions existantes. |
| 2022-03-13 | Exercice du droit de préemption. |
| 2022-03-14 | Demandes de subside. |
| 2022-03-15 | Divers. |

Conformément à l'article 13 de la loi modifiée du 13 décembre 1988, les conseiller Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre d'ajouter les points suivants à l'ordre du jour :

| | |
|---|---|
| 2022-03-16 | Tri des déchets sur l'aire de jeux à Mullerthal. |

Le conseil communal :

- décide à l'unanimité des voix de créer un poste supplémentaire de fonctionnaire communal, à raison de 100% d'une tâche complète du groupe de traitement C1, sous-groupe technique pour les besoins du service technique ;

- décide avec six voix et deux abstentions (les conseillers Bender et Tobes) de créer un poste de salarié à tâche manuelle de la carrière E au sein du service technique de l'administration communale de Waldbillig et de fixer sa rémunération sur base de la convention collective des salariés de l'État ;

- décide unanimement de fixer à partir du 1er janvier 2022 les jetons de présence des membres des commissions légales et consultatives de la commune de Waldbillig à 50,00 Euros TTC par réunion.

  Le règlement communal du 12 décembre 2002 fixant les jetons de présence revenant aux membres des commissions consultatives de la commune de Waldbillig est abrogé avec l'entrée en vigueur du nouveau règlement communal ;

- arrête unanimement l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2022-2023 ;

- arrête à l'unanimité des voix le plan annuel 2023 des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale comme suit :

| Localité | Section | Lieu-dit | Nature des travaux | Longueur |
|---|---|---|---|---|
| Christnach | C | Beim Keizenbour, Hohgrund | empierrement | 1100 m |
| Waldbillig | B | In Lambich | reprofilage | 351 m |

- marque son accord à l'unanimité des voix au contrat de louage de service du 5 mai 2022 portant nomination d'un salarié polyvalent, carrière B de la convention des salariés de l'État, à raison de 40 heures par semaine, à partir du 15 juillet 2022 ;

- marque son accord à l'unanimité des voix à l'avenant au contrat de louage de service qui consiste en l'avancement d'un salarié du service technique dans le groupe de salaire C de la convention collective des salariés de l'État ;

- marque son accord à l'unanimité des voix au contrat de louage de service d'une technicienne de surface à raison de 40 heures par semaine et à durée déterminée du 20 juin 2022 jusqu'au 30 juin 2023 ;

- marque son accord à l'unanimité des voix à la convention du 16 mai 2022, conclue entre le collège échevinal et la société anonyme Capalux Constructions, fixant les conditions et les obligations pour la réalisation du plan d'aménagement particulier au lieu-dit Hierheck/In Arken à Christnach ;

- marque son accord à l'unanimité des voix à la convention de droit de passage d'utilité publique du 16 mai 2022, aux termes de laquelle un particulier autorise l'administration communale de Waldbillig de passer avec une conduite d'eau de pluie sur une longueur de 140 mètres par son terrain, inscrit au cadastre sous le numéro 269/1, section B de Waldbillig ;

- marque son accord à l'unanimité des voix à la convention de droit de passage d'utilité publique du 23 mai 2022, aux termes de laquelle un particulier autorise l'administration communale de Waldbillig de passer avec une conduite d'eau de pluie sur une longueur de 71 mètres par son terrain, inscrit au cadastre sous le numéro 267/4360, section B de Waldbillig ;

- donne son accord de principe concernant l'établissement et la signature d'une nouvelle convention de fourniture d'eau de source avec la commune de Berdorf. Une autre convention avec la commune de Beaufort reste en suspens ;

- décide de ne pas faire valoir son droit de préemption concernant la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Waldbillig, section C de Christnach, sous le numéro 554/4601 avec le logement qui y est sis ;

- décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

  - OTM Haïti
  - Médecins sans frontières
  - Association Luxembourg Alzheimer.

- décide unanimement de charger le collège échevinal de s'informer auprès des services de Superdreckskëscht (SDK) concernant la collecte sélective de tous les déchets sur l'aire de jeux à Mullerthal

# ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

## Gebuerten // *Naissances*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 19/05/2022 | **Pereira** | Léo | *Haler* |
| 20/05/2022 | **Thill** | Luca | *Chrëschtnech* |
| 01/06/2022 | **da Silva Fajardo Carvalho** | Arthur | *Chrëschtnech* |
| 11/06/2022 | **Lushiku** | Alicia Angelina | *Chrëschtnech* |
| 26/06/2022 | **Welter** | Julia | *Chrëschtnech* |
| 02/07/2022 | **Azevedo Cruz** | Emely | *Waldbëlleg* |
| 08/07/2022 | **Correia Gomes** | Kian | *Haler* |
| 11/07/2022 | **Costa Peixoto** | Andreia | *Waldbëlleg* |
| 04/08/2022 | **Aboukir** | Lina | *Waldbëlleg* |
| 05/08/2022 | **Diederich** | Kai | *Waldbëlleg* |



Den 19. Mee 2022 sinn d'Marta Alexandra **Teixeira Fraga** an de Pedro André **Dos Santos Ribeiro** bestuet ginn.

## Stierffäll // *Décès*

| | | |
|---|---|---|
| 29/04/2022 | **Zocca** Steve | Waldbëlleg |
| 20/06/2022 | **Jung** Roland Charles | Chrëschtnech |

## Bestietnesser // *Mariages*

| | | |
|---|---|---|
| 19/05/2022 | **Dos Santos Ribeiro** Pedro André & **Teixeira Fraga** Marta Alexandra | *Chrëschtnech* |

## Pacs // *Partenariats*

Et gouf keng Pacsen.



**Mir gratuléieren** der Madamm **Isabel MEDINA** vun Haler fir hir 90 Joer.



*Foto: Pierre Haas*





# AWEIUNG VUN DER ERLIEFNESPÄDAGOGESCHER SPILLPLAZ OP DER HERINGER MILLEN

Freides den 1. Juli ass bei guddem Wieder déi nei erliefnespädagogesch Spillplaz am Mëllerdall ageweit ginn. Et waren eng ganz Partie Éieregäscht op d'Plaz komm, fir e puer gemittlech Momenter mat alle Bedeelegten ze verbréngen, ier d'Spillplaz de Kanner iwwerlooss gouf, ënnert aneren de Minister Claude Haagen, e puer Deputéiert aus dem Osten, Schäffen a Conseilleren aus der Regioun Mëllerdall, d'Mataarbechter vun de staatleche Verwaltungen, vum Tourismus a vum Leader an d'Vertrieder vun den Entreprisen, déi d'Spillplaz esou schéi gebaut hunn.

D'Spillschoulskanner hate mat hire Jofferen e flott Lidd astudéiert, fir d'Feierlech-keeten ze encadréieren. Hei eng Strof dervun:

*„D'Spillplaz hei am Mëllerdall*
*Do begéine mir eis all*
*Dat gëtt eis nei Liblingsplaz*
*Do spille mir am Gras"*

D'Buergermeeschtesch huet d'Begréissung gemaach an ass drop agaangen, dass d'Gemeng scho vill um Site vun der Heringer Millen geschafft huet vun do un dass en an hirem Besëtz ass. 2004 ass mam Ëmbau an der Erweiderung vun der Millen ugefaang ginn. Du sinn den Touristcenter an d'Brasserie entstanen. Duerno ass 2016 d'Planung vun der Erweiderung vum Restaurant, respektiv der Kiche vum Restaurant ugaangen. Opgrond vun engem Leader-Projet sinn déi éischt Pläng vun der Spillplaz vum däitsche Büro Schelhorn fir Landschaftsarchitektur ausgeschafft ginn. Déi definitiv Planung a Realisatioun vun der Spillplaz hunn den Architektebüro Papaya an den Ingenieursbüro Daedalus iwwerholl. D'Buergermeeschtesch ënnersträicht, dass de Bau vum Sanitärberäich an dee vun der Spillplaz eng grouss Erausfuederung waren. Si huet duerfir de Büroen ee ganz groussen an häerzleche Merci ausgesprach, fir déi fantastesch Planung an Aarbecht, déi si do geleescht hunn. Och den Entreprisen huet si e groussen an éierleche Merci gesot, well se ganz gutt geschafft hunn, zu vollster Zefriddenheet vun der Gemeng. Si seet, dass enorm vill Leit op dëser Baurees derbäi waren a Leeschtung bruecht hunn an „natierlech huet alles wat schéin ass och säi Präis! Mir investéieren an d'Spillplaz selwer net grad 1,5 Milliounen Euro, Honorairen an TVA abegraff. Op der Géigesäit kréie mir 164.320 € vum Landwirtschaftsministère zeréck, well et e PDR-Projet ass, a vum Tourismusministère kréie mir 166.200 € Subsid. Fir de Sanitärblock louchen d'Käschte bei 436.381 € an do krute mir vum Tourismusministère 145.372 € zeréck. De Syndicat huet och verschidde Spiller bezuelt. Merci fir Är grouss Ënnerstëtzung."

De Minister Claude Haagen ass op de Projet agaangen, dee vum Landwirt-schaftsministère subventionéiert gëtt am Kader vum Programm fir déi ländlech Entwécklung (PDR). Hien huet seng Begeeschterung ausgedréckt, dass op deem Site esou e flotte Projet fir d'Kanner entstanen ass.





De Minister Lex Delles hat sech krankheetsbedéngt missen entschëllege loossen. Säi Ministère bedeelegt sech un de Käschten am Kader vum Programme quinquennal vun den touristeschen Infrastrukturen.

De Marc Prommenschenkel, stellvertriedend fir d'Ekipp vum Ingenieursbüro Daedalus Engineering vun Hiefenech, déi un der Planung an un der Ëmsetzung vun dësem Projet bedeelegt war, huet e puer Erklärungen ginn. Hien hieft ervir, dass d'Gemeng scho vun 2004 u mat hinnen um Site vun der Heringer Millen schafft. Ugefaangen huet et mam Ëmbau vun der Millen, weider ass et gaange mat der Extensioun am Beräich vun der Kichen an 2017 gouf säi Büro mat der Planung vun der Spillplaz an dem Sanitärgebai beoptraagt. Hien erkläert, dass beim Sanitärgebai, dat prioritär ëmgesat gouf, op ronn 80 m² Notzfläch déi néideg Funktioune vun Toiletten, Duschen, Depot an haustechnesche Raim mat zousätzleche Funktiounen vun engem Kloterspill an enger Rutschban op eng flott Manéier kombinéiert goufen, soudass d'Gebai am Endeffekt als festen Deel vum spillereschen Erliefnis an d'Spillplaz integréiert konnt ginn an trotzdeem dee funktionellen Aspekt net ze kuerz komm ass.

Op d'Detailer vun der Erliefnis-Spillplaz ass d'Madamm Laura Alldis vum Büro Papaya vun Esch agaangen, dee sech ëm d'landschaftsarchitektonesch Planung vun der Spillplaz bekëmmert huet. Bei der Gestaltung vun der Spillplaz war et hinne wichteg op natierlech Materialien ze setzen, fir dass d'Spillplaz sech gutt an d'Ëmgéigend afüügt. Se hu virun allem op Holz gesat an och regional Steng benotzt.

D'Spillplaz ass a verschidde Beräicher agedeelt, wou all Eck eppes aneschtes fir d'Kanner prett hält. Bei der Entrée ass e risege Schaukelberäich an e Karussell dat och vu





Rollstullfuerer genotzt ka ginn. An der Mëtt gesäit een eng grouss Waasserspillplaz mat Pompelen, Staudämm an enger archimedescher Schrauf. Am ënneschte Beräich, beim Sanitärgebäi ass eng weider Waasserlandschaft wou d'Waasser vun uewe kënnt, an dat net ëmmer sou wéi een sech et erwaart. Vu dass en Deel vun dësem Waassererliefnis befestegt ass, kann een och gutt emol mat enger Kannerkutsch oder engem Rollstull derduerchfueren. Och am Wanter kommen d'Kanner net ze kuerz, sief et de Mikado wou se eropklammen oder déi zwee grouss Trampoliner, an net ze vergiessen de grousse Spilltuerm. Déi Klengste kruten e Beräich just fir sech, deen déi selwecht Spillthematiken opgräift wéi och bei deene méi groussen. Si kënne kloteren a schaukelen an hunn eng grouss Sandkëscht. Zwou Pompelen erméiglechen och hinnen d'Waasser ze bespillen an am Sand ze matschen.













Dëse Beräich gouf esou placéiert, dass d'Elteren och déi méi grouss am A behale kënnen. Tëschent a ronderëm d'Spillinselen si grouss Steng opgestallt ginn, wou d'Eltere wéi d'Kanner sech kënnen zesummesetzen. An och fräi Wuesfläche goufen net vergiess, et kann een hei och einfach mol de Ball oder Frisbee auspaken. Engagéiert Bierger hu schonn am Kader vum participative Prozess, den e PDR-Projet charakteriséiert, déi éischt Hecke gesat an d'Bänken an d'Pergolae sinn och am Bau.

D'Buergermeeschtesch huet drop higewisen, dass mat dësem Projet d'Aarbechte vun der Gemeng Waldbëlleg am Mëllerdall nach net ophalen, d'Gemeng plangt Camperstellplazen um Site vum fréiere Camping Kimmes an och nach Parkplazen.

Ier si fir ofzeschléissen jidderengem, den un der Organisatioun vun der Feier matgeschafft huet, e Merci ausgedréckt huet, besonnesch dem Robi Baden a Fränk Diederich, sot si „ech wënschen de Kanner vill Spaass op eiser neier Spillplaz, déi sécher vill Uklang fënnt. Hei kënne si richteg spillen, kloteren, d'Rutschbahn erof flitzen, Wasser stauen, pompelen a Sandmatsch maachen. Meng Devise war ëmmer, dass sech knaschteg maachen zum gudde Spille gehéiert".

No de Riede waren d'Spillschoulskanner net méi ze halen, fir d'Spiller op hirer neier Spillplaz auszeprobéieren. Et huet richteg gutt gedoen hinnen nozekucke wéi se op d'Spiller gelaf sinn. D'Gäscht si mat de Verantwortleche vun der Gemeng en Tour iwwer d'Spillplaz getréppelt.

Hei kënnen d'Leit sech an der Natur erblosen an hir Tréppeltier mat engem Besuch op der Spillplaz kombinéieren. Vergiesst net, wéi d'Madamm Alldis sot, Är Sonnecrème a Schwammbox anzepaken an da vill Freed op där neier Spillplaz!

*Text: Martine Dimmer*
*Fotoen: Pierre Haas*













# LAURINDA BESSA RIBEIRO AM INTERVIEW

**Comment êtes-vous arrivée à la commune de Waldbillig ?**

L'hôtel où je travaillais fermait ses portes et la commune m'a offert un poste de remplacement à durée déterminée. Ce contrat a été par la suite converti en contrat à durée indéterminée.

**Depuis quand y travaillez-vous ?**

Je travaille à la commune de Waldbillig depuis 2005.

**Quels sont les aspects agréables de votre travail ?**

Je suis responsable pour le bon fonctionnement du nettoyage de l'école, auquel je participe aussi activement. J'aime gérer le stock du matériel de nettoyage.

**Quels en sont les défis et inconvénients ?**

J'essaie toujours de faire encore mieux mon travail et de motiver mes collègues, car une amélioration est toujours possible.



**Où est-ce que vous avez travaillé avant d'arriver à Waldbillig ?**

À ce moment j'habitais avec ma famille à Beaufort et je travaillais à l'Hôtel Meyer.

**Que souhaitez-vous pour l'avenir concernant votre travail ?**

Pour l'instant je suis contente avec l'organisation du travail et ne voudrais rien changer.

**Comment considérez-vous la commune de Waldbillig comme lieu de vie ?**

La commune de Waldbillig est devenue maintenant l'endroit où je vis avec ma famille, où j'ai des amis et ma maison. Les infrastructures me donnent la possibilité de mener une vie quotidienne sans soucis matériels. En plus la commune me donne du travail pour gagner de l'argent.

**Estimez-vous que la commune devrait rester indépendante, ou au contraire, fusionner avec des communes voisines ?**

Pour moi tout fonctionne bien dans la commune et ainsi je ne vois pas la nécessité d'une fusion avec une autre commune.

**Que faites-vous en rentrant après votre travail ?**

J'ai 4 enfants et des petits-enfants, ainsi j'essaie, en dehors de mes heures de travail, de les aider. Je passe un maximum de temps avec mon mari. En plus je m'occupe du ménage, de la maison et de notre chien.

**Quels sont vos loisirs préférés ?**

Mon loisir préféré est la couture. En plus rester à la maison, me reposer un peu, soigner la relation avec mon mari, mes enfants et mes petits-enfants est pour moi du temps libre.

*Interview: Corinne Meyers*

# 25 JOER OP DER GEMENG: LÉO NEUMANN




De 6. Mee war eng symptathesch Feier fir dem Léon Neumann seng 25 Joer am Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg.

Zanter Mee 1997 schafft de Léon Neumann op der Gemeng. Laang war hie Gemengenaarbechter. 2010 huet hie sech gemellt fir de Poste vum Chef de Service technique adjoint. Hien huet dunn den nei gegrënnte Service Entretien vun de Gebaier iwwerholl.

Méi Detailer kënnt Dir noliesen am Interview mam Léon Neumann, deen de Maxime Bender gefouert hat an dee virun engem Joer am FUUSS vum September 2021 stoung.

*Fotoen: Filipe Soares*


















# NATIONALFEIERDAG – 22. JUNI 2022

Mir haten erëm e richtegen Nationalfeierdag, no zwee Joer mat just digitaler

Usprooch. Mee dëst Joer war et de volle Programm: Cortège mat Musek, Te Deum, Receptioun an der Sportshal, Ried live mat der Buergermeeschtesch, Medailen, an natierlech e gudde Patt zesummen an der Cafeteria.

An hirer Usprooch huet d'Buergermeeschtesch natierlech hir Freed ausgedréckt, datt mer emol erëm konnte Grossherzogsgebuertsdag zesumme feieren.

Natierlech huet si och un dat grousst Leed vun deene schreckleche Kricher an der Welt erënnert a speziell un deen an der Ukraine, dee jo esou no bei eis ass. D'Gemeng ass houfreg, datt si et mat der Hëllef vu solidaresche Bierger fäerdegbruecht huet, eng Famill vun aacht Leit am Mëllerdall am Haus vum fréiere Camping Kimmes opzehuelen.

Den Impakt op d'Ekonomie ass grouss. Alles gëtt méi deier, grad och d'Baumateralien, wann se iwwerhaapt nach ze kréie sinn. Dat plot och d'Politik an der Gemeng.

Grad bei eis am Mëllerdall si mer sensibel fir de Klimawandel. Mir mussen elo handelen an et ass u jiddwerengem, Ustrengungen ze maachen, fir deem entgéintzewierken an onofhängeg ze gi vun de groussen internationale Firmen. Mir sollen eis lokal Betriber ënnerstëtzen a regional Produkter kafen.

Déi vill Schantercher zu Waldbëlleg si leider noutwenneg. D'Buergermeeschtesch rifft zu guddem Wëllen a Respekt op, fir sech hei virsiichteg a verstänneg ze behuelen a keen a Gefor ze bréngen.

Um Nationalfeierdag solle mir eis beschäftege mat eise Wäerter, eisen Traditiounen, eiser Geschicht a mat eiser Zukunft, awer och mat eisem Zesummenhalt, eiser Eenheet an eiser Identitéit. Dozou gehéieren déi vill verschiddenen Nationalitéiten a Kulturen, déi hei friddlech zesummeliewen; et ass dës Multi-Kulturalitéit, déi eist Land esou eenzegaarteg a räich mécht. An eiser Gemeng liewen haut 1937 Awunner; op d'Nationalitéite gekuckt sinn dovun 1390 Lëtzebuerger a 547 auslännesch Matbierger vun 43 Nationalitéiten: dorënner sinn 211 Portugiesen, 49 Fransousen, 45 Belsch, 40 Däitscher, 26 Holländer, 19 Italiener, 17 Roumänen, 16 Engländer, 14 Polen, 11 Spuenier, an elo och 8 Ukrainer.





D'Buergermeeschtesch huet Merci gesot, hire Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, de Gemengeservicer, alle Membere vun de Kommissiounen, dem Léierpersonal, dem Personal an dem Comité vun der Maison relais, besonnesch all de Leit aus de Gesondheetsberuffer an dem CGDIS. Och de Veräiner gëllt e grousse Merci; déi zwee lescht Joer ware fir kee Veräin einfach.

Mat engem „Vive" op eis Heemecht an de Grand-Duc huet si hir Ried ofgeschloss a koum zu den Éierungen.

## Musek

Médaille de mérite en argent „Grand-Duc Adolphe" fir 50 Joer: **Pinnel Marco**
Médaille de mérite en argent fir 20 Joer: **Reinert Annik**
Médaille de mérite en bronze fir 10 Joer: **Schintgen Cynthia**
Médaille de mérite en argent fir 20 Joer: **Goedert Olga, Goedert Vicky, Von Sayn Wittgenstein Micha**
Médaille de mérite en vermeil fir 30 Joer: **Mehlen Véronique, Schilling Christophe, Schroeder-Schilling Nathalie, Wickens Henry**
Médaille de mérite en vermeil avec palmette fir 40 Joer: **Antony Nico, Feltgen Tessy, Offermans Giel, Penning Ann, Theisen Carole, Schintgen Jeff**
Médaille en vermeil „Grand-Duc Adolphe" fir 60 Joer: **Pansin Marco**

## Jugendpompjeeën:

Diplom a Leeschtungsspéngel am Bronze: **Teniou Bintu Arianna, Bettendorf Lee, Bettendorf Max, Kontz Dustin Thor, Kohner Alex, Riehl Nic, Ruppert Gabriel**
Diplom a Leeschtungsspéngel am Sëlwer: **Stevens Finn**

## Pompjeeën

Croix de mérite en argent vun der Pompjeesfederatioun: **Urlings Nico**
Médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile en bronze vum CGDIS: **Colbach Henri**
Médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile en argent vum CGDIS: **Nussbaum Melanie, Diederich Fränk, Goedert Jang, Larry Pit, Vanetti Julien**
Médaille d'ancienneté de l'ordre de mérite de la sécurité civile en vermeil vum CGDIS: **Klein Luc, Thill Jonathan, Thill Nicolas**

Den 12. Juli huet d'Innenministesch Taina Bofferding nach aner Medaillen iwwerreecht. Et sinn do geéiert ginn:

Médaille du mérite de la Sécurité civile en Vermeil fir 20 Joer Déngscht: **Baden Cédric, Bervas Yannick, Majerus Christoph**
Médaille du mérite de la Sécurité civile en Bronze fir 10 Joer Déngscht: **Huss Ken**.

## Badminton Regioun Mëllerdall

D'**Michèle Duschang** ass Landesmeeschterin 2022 an der Kategorie C vun den Dammen Eenzel.

Déi **1. Ekipp vum Badminton Regioun Mëllerdall** konnt hiren Opstig vun der 3. an déi 2. Divisioun feieren.

D'**Kim Schmidt** steet op der WM-Ranglëscht am Doubel ëm d'Plaz 250 an am Eenzel ëm d'Plaz 400.

## Fussball

D'**Minimes Ekipp** ass vun der 5. Klass an déi 4. Klass geklommen.

D'**Scolaires Ekipp** ass zweemol gestigen, se si vun der 5. Klass an déi 3. Klass komm.

Déi **1. Ekipp** huet de Barragematch gewonnen a klëmmt vun der 3. Divisioun an déi 2. Divisioun.

*Fotoen: Filipe Soares, Camille Goedert*


© Susanne Hangarter

# SCHOUL & MAISON RELAIS // ÉCOLE & MAISON RELAIS

## DEN C1 AM MUDAM





Den Dag virun Nationalfeierdag ass et fir d'Kanner aus der Spillschoul an d'Stad gaangen. Als éischt stoung eng „Balade contée“ am Mudam um Programm. Hei goufen d'Kanner esou munches iwwer d'Gebai vum Mudam gewuer a konnten sech och verschidde Konschtwierker ukucken. Wëll si scho Spezialiste vu Popart an der Frida Kahlo sinn, haten si selwer och vill ze erzielen a ware begeeschtert vun deem Gebai an de Konschtwierker. No der Visitt ass et direkt weidergaangen. An zwar mam Tram an d'Stad. Dëst hunn d'Kanner super gemeeschtert an och mat deem villen Traffik sinn si gutt eens ginn. Am Park ass du gemittlech picknickt ginn an dunn ass sech op der Waasserspillplaz gutt ameséiert ginn. E flotten Dag an eiser schéiner Stad.









## SCHOULSPORTDAG

Fir de Schoulsportdag vum Joer 2022 huet de ganzen C1 sech bei guddem Wieder op en Tour mat der Trottinette oder dem Lafrad ëm den Iechternacherséi opgemaacht. De Spaass war grouss: et ass geflitzt ginn, geturnt, gerannt, gespillt an ee gudde Wupp mat allerhand Geméis an Uebst souwéi ee klengen Dessert hunn an der Mëttesstonn gutt geschmaacht. D'Kanner aus der Spillschoul an dem Précoce konnten sech kenneléieren an déi aus dem Précoce hu sech och schonn ugekuckt, mat wiem si et esou am nächste Schouljoer ze doe kréien. Zwar gutt midd awer och ganz frou an zefridden ass et am spéide Mëtteg via Bus erëm zréck op Waldbëlleg gaangen.



# 14 JUILLET & PETIT DÉJEUNER

De 14 juillet, den Dag vum franséischen Nationalfeierdag sinn d'Kanner aus dem Précoce vun Haler op Visitt an hirer zukünftege Schoul zu Waldbëlleg mat engem „petit-déjeuner" gutt verwinnt ginn. Bei franséische „chansons" ass sech et zesumme gutt schmaache gelooss ginn, an du war och nach Zäit, fir am Haff mateneen ze spillen a sech lues a lues kennenzeléieren. D'Kanner konnten sech esou schonn ee Bild vun hirem Klassesall an hirer Léierin vum nächste Schouljoer maachen a sou berouegt eng flott Vakanz verbréngen.

*Joëlle Niederweis*







## LIESUNG FIR D'KANNER AUS DEM C2

Den 30. Abrëll war e Grupp vu Kanner aus dem C2 an de Veräinsbau op Chrëschtnech komm fir en éischte Liesmoien, organiséiert vun der Elterevereenegung.

Déi lëtzebuergesch Kannerschrëftstellerin Isabelle Hild huet hiert Buch „Watgelift" virgelies. D'Kanner hu ganz gespaant der Geschicht nogelauschtert, an hunn dunn nach en Zauberstab gebastelt. Dee flotte Samschdegmoien ass mat engem Stéck Kuch op en Enn gaangen.



## LIESUNG FIR DEN PRÉCOCE AN DEN C1

E Samschdeg, den 2. Juli hat d'Elterevereenegung Waldbëlleg d'Kanner aus dem Précoce an dem C1 ageлueden, fir d'Geschicht vum „De Muxfux huet Gebuertsdag" lauschteren ze kommen.

D'Auteurin vum Buch, d'Sally Weyland, huet hiert Kannerbuch op lieweg Aart a Weis virgedroen, mat flotter Musek a Beweegungsspiller verbonnen. No der Geschicht haten d'Kanner Geleeënheet Masken, passend zur Geschicht, ze bastelen. No enger klenger Stäerkung mam Muxfux sengen Gebuertsdagsmuffins sinn d'Kanner zefridden heemgaangen.



## SPRANGPROZESSIOUN ZU WALDBËLLEG



Um Päischtdënschdeg hunn d'Kanner vum Cycle 2-4 iwwer d'Sprangprozessioun geschwat, déi zum kulturelle Patrimoine vun der Unesco gehéiert.

An der Paus sinn d'Kanner dunn zesumme mat hiren Enseignanten op déi bekannte Melodie duerch den Haff gesprong.





## COUPE SCOLAIRE

Den 3. Juni war d'Coupe scolaire, de Parcours war zimmlech laang awer mir hunn et gepackt! Fir d'Coupe scolaire musste mir een Helm, 2 Bremsen (déi ginn), 2 Reflekteren un all Pedall, 2 Reflekteren an all Rad, 1 wäisse Reflekter vir an 1 roude Reflekter hannen hunn. Nodeems mir all zwee Mol iwwer de Parcours gefuer sinn, war d'Präisverdeelung an et goufe sechs Pokaler. 3 fir den C4.1 an 3 fir den C4.2.

Gewonnen huet de Yannis mat der éischter Plaz, d'Hannah mat der zweeter Plaz an d'Nina mat der drëtter Plaz. Dat waren d'Gewënner am C4.1. Elo kommen d'Gewënner vum C4.2. Op der éischter Plaz waren de Ben an d'Lynn. Fir ze entscheede wien déi éischt Plaz kritt, hunn si eng Course gemaach an deen, deen am lueste gefuer ass huet gewonnen. Dat war de Ben. Also war de Ben op der éischter Plaz, op der zweeter d'Lynn an op der drëtter d'Sarah.

Mir si frou, dass mir et all gepackt hunn!

*Khiniti Thari Youssef, Tohr Kontz Dustin,*
*Rodrigues Louis a Riehl Nic*
*vun der Klass Walch Laura C4.1*







# OFSCHLOSSGRILLFEST 2022: CYCLE 4.2

Den 1. Juli hat d'Elterevereenegung (EVW) en Ofschlossgrillfest organiséiert, fir datt d'Schüler, déi lo an de Lycée ginn, nach e bësse Qualitéitszäit zesumme verbréngen (souwéi och fir hir Elteren!) ier se all hir eege Weeër ginn. All Kand, wéi och d'Enseignanten, kruten bei dëser Geleeënheet een Hoodie iwwerreecht, gespent vun der EVW.

*Zara de Montigny*





# SCHOULFEST 2022





Den 11. Juni war erëm eist traditionellt Schoulfest zu Waldbëlleg am Schoulhaff.

Zesumme mam Léierpersonal hat d'Elterevereenegung e gemeinsame Programm opgestallt.







Um hallwer 12 ass et mam Mëttegiessen lassgaangen.
Nei war dëst Joer en Zalotebuffet, dee bei de Leit gutt ukomm ass.





Vill Elteren hunn eis tatkräfteg ënnerstëtzt an hu gegrillt, Gedrénks, Tombola, Eisekuchen an Zockerwatt verkaaft.




























Am Nomëtteg war dann de Cajaton-Concert vum Cycle 4 an zwee spannend Matcher tëscht Léierpersonal a Schüler vum Cycle 4.2. Op den zwee Sprangschlässer war ëmmer vill lass an de Facepaint-Atelier mat senge Glitzer-Tattooen hat wéi ëmmer grousse Succès.











Mir soe jidderengem Merci, den eis gehollef huet. Als éischt den Elteren, déi eng Hand mat ugepaakt hunn, der Gemeng, déi eis Material geléint an en Zelt zur Verfügung gestallt huet, dem Léierpersonal fir déi flott Animatioun a Corbeillen, dem Frank fir seng Eisekuchen an der Maison relais.

*De Comité vun der Elterevereenegung Waldbëlleg*

# SERVICE „KRANK KANNER DOHEEM“

De Service Krank Kanner Doheem bitt individuell Betreiung doheem u fir krank Kanner.

Dëst erlaabt et den Elteren, hir berufflech Aktivitéit virunzeféieren an de Kanner, sech an de beschte Konditiounen an an hirem familiären Ëmfeld ze erhuelen.

Ufroe vun Alléngerzéierfamilljen hu Prioritéit.

Tarif: D'Akommes vum Stot gëtt als Basis geholl fir d'Berechnung vum Bäitrag zu de Kanner-betreiungskäschten.

Fir Alléngerzéierfamilljen brauch een den Certificat de résidence élargi, dee vun der Gemeng ausgestallt gëtt.

D'Käschte fir den Deplacement a fir d'Parke musse vun den Eltere gedroe ginn: eng hallef Stonn fir an d'Stad Lëtzebuerg, eng Stonn fir soss dohier.


**Service Krank Kanner Doheem**
GARDES D'ENFANTS
MALADES A DOMICILE

95, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg
**Tél.: 48 07 79**
e-mail: skkd@fed.lu

HEURES D'OUVERTURE
lundi au jeudi
7:00 – 12:00
14:00 – 18:00
vendredi
7:00 – 12:00
après répondeur
Répondeur
18:00 jusqu'au lendemain 7:00

*Le service est fermé les weekends et jours fériés (Répondeur)*

Pour faciliter l'organisation des gardes, veuillez bien remplir une fiche d'inscription.
Il existe aussi la possibilité d'une inscription en ligne sur le raccourcie:
**WWW.SKKD.LU/ INSCRIPTION**

**Le SKKD est un service de FEMMES EN DETRESSE**

B. P. 1024
L-1010 Luxembourg
**Tél.: 40 73 35**
e-mail: organisation@fed.lu
**www.fed.lu**

**L'a.s.b.l. FEMMES EN DETRESSE**
est reconnue d'utilité publique par arrêté grand-ducal du 17 septembre 2004
Les dons à FED ASBL sont fiscalement déductibles

COMPTE BANCAIRE
BCEE (Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat)
IBAN LU87 0019 1106 6556 2000
BIC BCEELULL
Association sans but lucratif
R.C.S. Luxembourg no. F1391

Layout: www.pro-fabrik.com

**Service Krank Kanner Doheem**
GARDES D'ENFANTS
MALADES A DOMICILE
**Tél.: 48 07 79**
e-mail: skkd@fed.lu
95, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg

- ENCADREMENT INDIVIDUEL ADAPTE AUX BESOINS DE L'ENFANT
- SURVEILLANCE ET PRISE EN CHARGE A DOMICILE EN TOUTE SECURITE


**L'OBJECTIF**

Le but primordial du SKKD est d'offrir une garde individuelle pour enfants malades à domicile

- garde individuelle à domicile pour enfants malades
- ceci permet aux parents de poursuivre leur activité professionnelle
- et aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et dans leur milieu familial
- les demandes de familles monoparentales sont considérées comme priorité

**LES GARDES**

**LES GARDES ONT LIEU**
entre 7:00 et 19:00 heures

**LA DURÉE D'UNE GARDE NE PEUT PAS DÉPASSER**
9 heures de suite

**UNE VISITE MÉDICALE EST INDIQUÉE AU 2IÈME JOUR DE LA GARDE**

**LES COLLABORATRICES**

Toutes les collaboratrices du « Service Krank Kanner Doheem » ont une formation dans le domaine socio-familial et participent régulièrement aux formations internes

**LES TARIFS**

- les tarifs sont publiés sur le site internet de Femmes en Détresse
- le revenu imposable du ménage sera pris comme base de calcul pour la participation aux frais de garde
- pour les familles monoparentales le certificat de résidence élargi, établi par la commune est indispensable

**FRAIS DE DEPLACEMENT**

- ½ heure de déplacement pour la ville de Luxembourg
- 1 heure de déplacement pour toutes les autres communes

D'Garde vun de Kanner ass tëscht 7:00 an 19:00 Auer méiglech. Si däerf net méi ewéi 9 Stonnen hannerenee sinn. Den 2. Dag vun der Betreiung ass eng Visite beim Dokter néideg.

All Mataarbechter vum „Krank Kanner Doheem Service“ huet eng Formatioun am sozio-familiäre Beräich a bedeelegt sech regelméisseg un der interner Weiderbildung.

Informatioune kritt een um Telefon 48 07 79, méindes bis donneschdes vu 7:00 bis 12:00 a vu 14:00 bis 18:00 Auer, freides vu 7:00 bis 12:00 Auer.

De Service ass de Weekend an d'Feierdeeg zou.

Fir d'Organisatioun vun de Garden ze erliichteren, fëllt wgl. den Umeldungsformulaire aus, deen Dir um Internetsite vu Femmes en Détresse (www.fed.lu) fannt.


BEE SECURE
SuperUser
WÉI CONNECTED BASS DU?
HOW CONNECTED ARE YOU?
MAACH DEN TEST:
TAKE THE QUIZ:
superuser.lu
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Cofinancé par le mécanisme pour l'interconnexion
en Europe de l'Union européenne
En partenariat avec : KJT
& Anonym Gléckssspiller a.s.b.l.

# WÉI CONNECTED BASS DU?

Wéi gesäit eisen digitale Konsum aus? Wat sinn d'Virdeeler an d'Erausfuerderungen dovunner? Wéi passt eis déi vill Zäit, déi mir online verbréngen? Dës Froen stinn am Kär vun der Sensibiliséierungscampagne 2021/2022 vu BEE SECURE: **www.superuser.lu**


## Vill Erausfuerderunge fir d'Userinnen a User

D'Medien an déi digital Technologien bidde vill Virdeeler, mee se sinn och d'Quell vu villen Erausfuerderungen. Zënter e puer Joer hu Studië gewisen, wéi de Konsum vun Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien d'Userinnen an d'User beaflosst. Dëse Konsum ka sech an déi sozial Aktivitéiten amëschen, vum Léieren oflenken, Schlofproblemer verursaachen an negativ Gefiller kreéieren wéi emotional Erschöpfung a Suergen. Besonnesch zënter der Coronakris verbréngen d'Leit méi Zäit virum Écran. Et ass dofir ganz aktuell, datt jiddwereе sech mam eegene Medienverbrauch auserneesetzt.

## En interaktiven a spillereschen Test

Vun elo u kënnen d'Userinnen an d'User mam interaktiven Test op **superuser.lu** iwwer hiren eegene deegleche Medienverbrauch nodenken. Déi verschidden Aart a Weisen, wéi Medien an digital Apparater benotzt ginn, sinn do mat sechs Charakteren illustréiert, de sougenannte „Superuser". De Site gëtt och Rotschléi iwwer e méi bewosste Gebrauch vu Medien an Écran.

„An Dir, wéi e Superuser sidd Dir? Fannt et eraus op **www.superuser.lu**!"




*BEE SECURE ass eng Initiativ vun der Regierung vum Groussherzogtum Lëtzebuerg, ëmgesat vum Service national de la jeunesse (SNJ) an dem Kanner-Jugendtelefon (KJT). BEE SECURE steet fir e sécheren a positiven Internetverbrauch.*

# VERÄINER // *ASSOCIATIONS*

## D'AÉROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

Fléien an der schéiner Saison: Lenzmount, Ouschtermount, Päischtmount, Broochmount, Heemount a Karschnatz, ... Europadag, Nationalfeierdag ... um Fons Mehlen Aérodrôme, war eng lass – wat eng Freed!





Keng Schlaange beim anchecken, d'Security ass wichteg awer iwwersiichtlech ... an doniewent e wonnerbaart Naturerliefnis am Unesco Global Geopark - Natur- & Geopark Mëllerdall!

Am Lenzmount war eis Assemblée générale ordinaire am Cigalon wou fir dëtt Joer geplangt ginn ass.

Den Holländer seet: „Lekker weg in eigen Land"
... e gudden Tuyau fir hei zu Lëtzebuerg:
„Mir fuere mat der Heibleifskärchen an d'Vakanz".





An d'Membere vum AMC hu soss kee Stress mat der Aviatioun, wéi déi schéi Konstruktiounen no gelongenem Jungfernflug nees ganz op den Terrain ze kréien!



Wéinst séier guddem Wieder mat wéineg Reen war den Terrain iwwer d'Fréijoer an de Summer besonnesch gutt besicht. Quasi eng permanent Aktivitéit am Loftraum iwwerem Vugelsbësch.







Voltige, Seegelflug, de Remorquage vu renge Seegelfliger, Elektrohelikopter, Verbrenner- an elektresch ugedriwwen Apparaten, sinn der Rei no beim AMC-Chalet défiléiert.

D'Kollegialitéit am Club, dat gemittlecht Zesummesëtzen um traditionellen 3 Auer Moccasdësch mat Schneekegkeete w.e.g, an awer och de Wiessel an der Natur vu Planzen a Gedéiesch ze beobachten, ass e Genoss.



Vakanz pur, net wäit ewech a séier erhuelsam, mat minimalem ekologeschem Foussofdrock.

E puer Biller vun eisen Aktivitéiten a Beobachtungen um Terrain sollen dem interesséierte Lieser, eng Schappen vun eiser Begeeschterung matginn – villäicht stécht et un! D'Membere vum AMC si jiddefalls ferm infizéiert vun der Modellavionautik.



De Spréiwenhuer, de Schéierschwanz, de Panewippchen, d'Léiweckelchen, d'Spatzen ... komme reegelméisseg op Besuch a kucke wat gebuede gëtt.

Bei Interessi a Loscht op Info iwwert eise schéinen Hobby oder den AMC, kënnt Dir Äntwerten op är Froe bei Mehlens Paul kréien. An dat um Tel.: 621 21 91 29.

Dem Lieser vum FUUSS wënsche mir eng gutt Rentrée, e schéinen Hierscht bei gudder Gesondheet, Fridden an e waremt Doheem an dësen oniwwersiichtlechen Zäiten!

*Redaktioun a Biller: Henri Beissel, Marcel Delleré, Alex Federmeyer, Jos Gaspard, Romain Hanten, Pol Mehlen, Push Steffen.*






## FC OLYMPIA CHRISTNACH/WALDBILLIG => FCO







Am Championnat 21/22 ass ons 1. Equipe déi véiert ginn, a konnt dunn de Barragematch den 3. Juni 2022 géint Beckerich spillen. Dëst wuer e Fest fir de ganze Veräin, mat zwee Busser sënn mir op Walfer gefuer. Vill Leit aus der Gemeng sënn och mat hiren eegenen Transportmëttel op Walfer komm. Zu Walfer am Stadion huet et gebroodelt, einfach nëmme super wat Supporter vu Beckerich a vum FCO do eng Stëmmung gemaach hunn. E grousse Merci och un Hooly-Gäns Larochette, déi mat Trommelen a mat hire Stemmen den FCO ënnerstëtzt hunn. Lues ass de Match lassgaangen, déi zwou Equippen hu sech ofgetaascht. Mee an der 8. Minutt ass et du geschitt, eng super Pass vum Dany an en äiskalen Ofschloss vum Ken 1-0 fir den FCO! Tëschent der 20. an der 30. Minutt nach zwou Chancen vum FCO, déi awer net verwäert goufen. An der 46. Minutt och eng Chance fir Beckerich, mee de Sam kann in extremis fir de Goalkeeper (Max) klären. An der 53. an an der 64. Minutt nach zwou Chancë fir den FCO. Dunn an der 66. Minutt een Eelefmeter fir ons, mee, oh Neen, de Schoss geet iwwer de Wénkel! Domadder ass et weiderhi spannend bliwwen. Bis zur 82. hunn Supporter misse wäerden, de Ken schéisst den 2-0. An als finalen Ofschloss an der 88. Minutt nach den 3-0 erëm vum Ken. D'Supporter wollte schonns all op den Terrain stiermen, Tréine së gefloss an et ass nëmmen nach drop gewäert ginn, datt den Arbitter ofpäift. An der 96. Minutt wuer et dunn souwäit, Ofpaff! Zuschauer lungen sech an den Äerm, Supporteren vum FCO sënn bei Spiller gerannt, et wuer einfach eng phänomenal Stëmmung. Dono ass nach weider gefeiert ginn bis laang an d'Nuecht eran, sief et um Terrain, nieft dem Terrain am Bus oder dono an der Bushal zu Waldbëlleg.

Mir mussen e puer Spiller Äddi soen déi ons verloossen, hinne wënsche mer alles Guddes. Ee Spiller wäert ons déi





nächst Saison feelen, de Ken spillt an den USA Fussball am Kärenfeld, mee mir hoffen, en dann am nächste Joer erëm bei ons spillen ze gesinn.

An der Saison 22/23 spillt ons 1. Equipe dann an der 2. Divisioun am 1. Bezierk géint déi heiten Equippen: US Boevange-Attert, Daring Echternach, AS Wincrange, US Folschette, Jeunesse Gilsdorf, US Rambrouch, Racing Heiderscheid-Eschdorf, Green-Boys 77 Harlange-Tarchamps, US Reisdorf, Orania Vianden, SC Ell, CS Bourscheid, AS Rupensia Lusitanos Larochette.



Och all ons Jugendequippen hunn am leschte Joer gutt ofgeschnidden, vill Matcher gewonnen, sief et op Turnéier oder am Championnat. Eng Tabell gëtt et nëmme vun de Minimes un, ons Scolaires sënn zweemol gestigen, d'Minimes sënn eemol gestigen. Deemno sënn den Owend virun Nationalfeieredag des dréi Equippen vun der Gemeng geéiert ginn.

An der Saison 22/23 ass den FCO mat deenen heiten Equippen am Championnat ënnerwee:



Bambinis (Gilles Dostert), Pupilles (Tun Valente), Poussins (Joel Viera) Minimes (Marc Oestreicher), Scolaires (Tom Meyers), Cadets (Pedro Luis Fernandes Lopes), 1. Equipe (Thill Ronny, Varela Bela), 2. Ekipp (José Mantrisi) an Seniors Goalkippstrainer Guy Artois, Jugend Goalkipps-trainer Tun Valente.

Mir haten dëst Joer och déi éischte Kéier e Paellafest organiséiert, dëst hat de Leit, déi do woren, super gefall.

Als Ofschloss gouf och nach e Jugenddag den 9. Juli organiséiert. Mat vill Begeeschterung huet ons Jugend do







Fussball gespillt a sech ameséiert. Fir Iessen a Gedrénks wuer och gesuergt. Kanner konnten hiert Kënne bei zwee Matcher ënner Beweis stellen, d'Bambinis an och d'Pupilles hunn an deene Matcher géint hir Eltere gespillt a gewonnen.

Um Programm fir dëst an d'nächst Joer sënn dann och erëm onst Wëldiessen, de Kéisowend an de Wanter-turnéier.

Onst Zil ass et d'Nowuessaarbecht weiderhin ze verbesseren an alle Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, fir Fussball an onser Gemeng ze spillen. Dëst ass mat Sécherheet net einfach, well Leit ze fannen, déi sech engagéieren am Veräin ze hëllefen, net einfach ass. Fir an Zukunft awer weiderhin ons Aarbecht erfollegräich ze gestalten, brauche mer all Ënnerstëtzung, dofir géife mer ons freeën, dech als neie Member vum FCO begréissen ze kennen.

Du wëlls matmaachen, besonnesch bei der Jugend-aarbecht da mell dech w.e.g. bei ons per Mail **news@fcolympia.lu** un.

Du hues Loscht op Fussball? Däi Meedchen oder Jong hu Loscht Fussball ze spillen? Da mell dech beim Tom Meyers um GSM 691 34 72 91 oder per Mail **comite@fcolympia.lu.**

Ee grousse MERCI un Iech all, Gemeng, Traineren, Spiller, Elteren a Famill, dëst datt Dir dem Fussball trei sidd, ons hëlleft an ons begleet. Déi Ënnerstëtzung am Barragematch woer onbeschreiflech, dofir kommt och weiderhin op den Terrain am Lahr zu Chreschtnech, do ass d'Buvette ëmmer op.

Och ee grousse Merci un all ons Sponsoren, well ouni si kenne mer dat ganzt och net stemmen.

De Comité vum FCO besteet elo aus folgende Leit: Dhamen Ronny, Dullnig Kerry, Dunkel Sam, Faber Claude, Mehlen Jo, Menster Annick, Meyers Tom, Christian Pierret, Reinert Mike, Tholl Jojo, Tholl Steve, Thoss Carole.

*Matt beschte sportleche Gréiss, de Comité vum FCO.*

Hei Informatiounen iwwer d'Joergäng a wou déi jeeweileg Kanner an Erwuessener spille kennen.

| Stéchdag 1.1. | Alterskategorien, Saison 2022/2023 | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Seniors | Cadets | Scolaires | Minimes | Poussins | Pupilles | Bambinis |
| soubal een 16 Joer huet | 2006, 2007, 2008, 2009 | 2008, 2009, 2010, 2011 | 2010, 2011, 2012 | 2012, 2013, 2014, ab 7 Joer | 2014, 2015, ab 6 Joer | 2016, ab 5 Joer |





# CLUB DES JEUNES

Den 30. Abräll war no 2 Joer Paus endlech nees de legendäre Knëppelbal zu Waldbëlleg an der Bushal.

Dëst Joer ouni Indiaka-Tournoi gouf owes mam DJ AL gutt gefeiert. Iwwer 700 Leit haten de Wee op Waldbëlleg fonnt, fir duerch d'Nuecht ze danzen. Wéi all déi Jore virdrun, huet den DJ AL déi beschte Lidder opgeluecht, soudass bis 3 Auer moies eng mega Stëmmung war.

Mir soe jiddwerengem e grousse Merci deen do war.

De Club ass nom Knëppelbal och gutt aktiv bliwwen:

De Wee ass du weider gaangen op den traditionelle Landjugenddag. Do si mir mat 3 Equippen un de Start gaangen.

Nom Landjugenddag ass et weider fir eis Memberen an d'Phantasialand gaangen.

Den 10. Juli hu mir dann als Club och nees um Duerffest gehollef.

Deemnächst kréie mir als Club och nei Club-Gezäi, sou-dass mer prett sinn fir déi nächst Aktivitéiten.

De Clubsall gëtt och nees méi oft opgemaach.

Am November wäerte mir och nees d'Kiermes zu Chrëschtnech organiséieren. Méi Informatioune kom-men no.

*Maud Moulin*








# NEIES VUM TURNVERÄIN „ËMMER FIT“






Och am Joer 2021-2022 ware mir ganz aktiv. Mir hu reegelméisseg geturnt an eis de COVID-Reegelen ugepasst. Eis Membere waren ëmmer present a frou, eppes fir hir Gesondheet kënnen ze maachen.

Am Fréijoer si lues a lues d'Aschränkungen ewechgefall. De Comité huet decidéiert, bei der Beweegungswoch an der Waldbëlleger Gemeng matzemaachen, a mir hu Péngschtsonndeg Paangecher am super equipéierte Won vum Haler Gesang verkaaft.

Eise Comité huet sech awer Gedanken iwwer d'Zukunft vum Veräin gemaach: Mir hu gesinn, datt mir wärend de leschte Jore vill jonk a motivéiert Membere bäikritt h unn. Di héich Zuel vun Turnerinnen hu mir als Chance gesinn, eisen Turnveräin weider dynamesch ze halen. En neie Wand soll an de Club – an en neie Comité! Dofir huet dëse Comité eestëmmeg decidéiert, an der Generalversammlung Freides, den 8. Juli 2022 ze demissionnéieren.







*Vu lénks no riets: Marion Klein, Henriette Groeneveld, Alice Greischer, Isabelle Oberlé, Marie-Claire Bestgen*

Den Turnveräin „Ëmmer Fit" besteet schonns säit 1984, gegrënnt vu Sylvie an Yvette Kapp vu Chrëschtnech. Den „ale" Comité hat sech nom Doud vun der Presidentin Sylvie Kapp zesummefonnt. Mir waren e gutt Team an hu méi wéi 6 Joer mat vill Freed an Enthusiasmus zesummegeschafft: Mir hunn d'Turn- a Yogastonne souwéi Frëndschaftsdrinks organiséiert, a mer ware bei villen Eventer vun der Gemeng dobäi. Mee lo war fir eis d'Zäit komm, fir d'Rudder engem neien, grad sou engagéierte Comité ze iwwerginn!

D'Reaktioun op dës Annonce war fir d'éischt mol Erstaunen, mee am Allgemenge waren all eis Turnerinnen sech bewosst, datt eise Veräin weider bestoen an eng Relève fonnt gi muss. An dat ass dann och esou geschitt!

**Hei sinn d'Nimm vum neie Comité:**

Presidentin: Christine Heidt
Vize-Presidentin: Nathalie Chevalier
Sekretärin: Nathalie Reinert
Tresoriere: Françoise Schintgen
Comitésmember: Danielle Mehlen

Elo ass Summerpaus an déi nei Saison fänkt méindes, de 26. September un, mat eiser Monitrice Agata Klimek.

*Isabelle Oberlé*





Participez à nos cours de gymnastique pour dames (peu importe l'âge) au hall sportif de Waldbillig tous les lundi soirs (19.30-20.30). Ambiance amicale.

The gymnastics course for women (all ages) takes place in the Waldbillig sports hall on Mondays from 19.30 – 20.30 pm.

Première session gratuite! En cas d'intérêt, prière de verser 90 euros (étudiantes 60 euros) sur le compte Raiffeisen LU43 0090 0000 0124 8491 de notre association

Contact : **emmer.fit@gmail.com**

# KULTUR A GESCHICHT // *CULTURE ET HISTOIRE*



## WALDBËLLEGER MUSEK

### Schrëtt fir Schrëtt ...

Dat ass de Motto vun dëser Saison. Mir si Schrëtt fir Schrëtt rëm um Wee zu enger gewinnter Museksroutine.

De 4. Juni duerfte mir an der Sportshal endlech erëm eise Galaconcert „Back to Music" spillen. Ënner der Leedung vum Christophe Weiland hu mir eisen Nolauschterer d'Musek mat Stécker ewéi „Mount Everest", „The Legend of the Amber Room" oder „Ross Roy" méi nobruecht. De Joé Schmit huet de Concert mat vill Charme a Witz eng éischte Kéier präsentéiert. A mat bekannte Melodien vun Abba, The Beatles, Santana oder dem Robbie Williams, war fir jiddereen eppes derbäi.

Um Virowend vun Nationalfeierdag, duerfte mir de Cortège fir den Te Deum begleeden. An duerno duerft ech, als Presidentin, zesumme mat der Buergermeeschtesch d'Musikantinnen an d'Musikanten fir hiert jorelaangt Engagement éieren. Ech géif dofir och hei nach eng Kéier profitéieren fir hinne Merci ze soen. Ouni esou engagéiert Leit kann e Veräin net bestoen.

Direkt dono hu mir op de Waldbëlleg In Concert invitéiert. Hei huet de Jugendensembel Pink Notes vun der Bech-









Berbuerger Musek ënner der Leedung vum Daniel Heuschen den Ufank gemaach. D'Päreler Musek mat hirem Dirigent Marc Cesarini huet duerno Gas ginn. Den Ofschloss huet eis Nopeschmusek vu Miedernach gemaach an huet mat hirem Dirigent Georges Antony fir Stëmmung gesuergt. Et war e flotte Mëtteg, trotz schlechtem Wierder.

Mir hunn dëst Joer och e puer Auswäertsconcerte spillen dierfen. Deen éischten hu mir als Austausch zu Pärel op hirem Museksfest gespillt. An och um Waldfest zu Bäerdref duerfte mir dëst Joer spillen.

Mir haten eng éischt Kéier op en Ofschlossconcert mat Präsentatioun vun den Instrumenter an eise Musekssall invitéiert. Duerno gouf gemittlech gegrillt.

Et ass schéin endlech erëm kënne viru Publikum ze spillen an ze wëssen fir wat een all Woch prouft.

A propos ... Mir kënnen nach e puer Lächer an eise Reie fëllen. Wann s du also en Instrument spills a Loscht hues, da komm ab der Rentrée dënschdes owes um 8 Auer bei eis an d'Prouf am Musekssall iwwer dem Pompjeesbau. Bei soss Froen kontaktéiert mech gären ënner annikreinert@gmail.com oder Tel. 661 91 64 85.



*Annik Reinert*
*Fotoen: Camille Goedert*

# UERGELFRËNN WALDBËLLEG

D'Joer 2022 hunn d'Uergelfrënn mat engem Concert ugefaangen, deen eigentlech 2021 hätt solle stattfannen. Wéi mir am FUUSS vum Mee 2021 bericht haten, hat sonndes, de 5. Februar 2021 de Francis Lucas am leschte Moment fir eis e Solo-Recital op der Uergel gespillt, well d'Geiistin Anne-Catherine Feltgen, déi normalerweis matgewierkt hätt, sech den Dag virdru verletzt hat.

Glécklecherweis konnte mir dëse Concert mat nëmmen engem Joer Verspéidung nohuelen. Also sinn de 6. Februar 2022 de Francis Lucas (Uergel) an d'Anne-Catherine Felten (Gei) mat engem Programm vu Musek aus dräi Joerhonnerten opgetrueden.

Déi zwéi jonk Museker befanne sech nach a verschiddenen Etappen vun hirem Studium: De Francis ass Doktorand an der Musekswëssenschaft op der Universitéit Lëtzebuerg wou en sech mat der Entwécklung vun der lëtzebuergescher Kierchemusek am 19. Joerhonnert beschäftegt. D'Anne-Catherine mécht mat hirem Sträichquartett Alban Kwartet de Moment e Master an der Kammermusek um Conservatori Liceu zu Barcelona.



Säit Januar 2020 ass de Francis och Organist zu Käerch an Dirigent vun de Chorallen Äischen/Habscht/Käerch. Am September 2021 huet hien an der regionaler Museksschoul Munneref eng Uergelklass opgemaach.

Um Programm stoungen deelweis Wierker vum Barock, wéi dat bei eiser Barock-Uergel ze erwaarden ass, an zwar eng Gei-Sonat vum Händel an eng vum Corelli, déi d'Anne-Catherine Feltgen op der Barock-Gei gespillt huet. Do war och nach de Johann Sebastian Bach vertrueden, mat engem Präludium a Fugue, déi zesumme geschriwwe gi sinn, a mat engem Adagio dertëschent an der selwechter Tounaart, deen aus engem aneren Deel vum Bach sengem Wierk geholl ginn ass.

Mä och d'Romantik an d'20. Joerhonnert sinn net vergiess ginn, mat Uergelwierker vum Louis Vierne a vum Jean-Pierre Leguay, a mat enger Sonat vum Eugène Ysaÿe fir Gei-Solo, déi d'Anne-Catherine Feltgen op enger moderner Gei gespillt huet.

Nom Concert huet d'Geiistin gefrot, ob d'Uergelfrënn d'Méiglechkeet hätten, och e Concert mat hirem Sträichquartett ze organiséieren. Dofir hate mir zwar keng Plaz am Programm, mä mir hunn direkt un d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg geduecht, an tatsächlech ware si ganz frou, dee Concert vum Alban Kwartett den 8. Abréll an der Waldbëlleger Kierch ze veranstalten. Als Uergelfrënn hu mir dann och gär eng Hand deen Owend ugepaakt.

De Publikum an deenen zwéi Concerte war mat all Kéiers 20-30 Leit zwar relativ kleng, mä duerno konnten, wéinstens fir eng Zäit, d'Covid-Restriktioune opgehuewe ginn an et ass eng gewëss Normalitéit zeréckkomm.

Samsdes, de 7. Mee 2022 war et dann endlech esou wäit, an de Concert mat Kierchemusek vum Henry Purcell (1659-1695) ënner der Leedung vum Nicolas Billaux, mam Ensemble Ad Libitum konnt stattfannen. Dëse Concert war bekanntlech fir Mäerz 2020 geplangt gewiescht, an ass wéinst der éischter Corona-Well ofgesot ginn. Mir waren immens frou, datt mir nom laange Waarden dëse Concert virun enger bal voller Kierch konnte sangen a spillen.

De Programm huet sech aus Kierchelidder fir Soloen, Chouer, Sträicher a Basso Continuo, op Englesch „verse anthems", zesummegesat. Gesongen huet e Chouer,



deen extra fir dës Geleeënheet op d'Bee gestallt ginn ass, mat SängerInnen aus lëtzebuergeschen an engleschen/ internationale Chéier. D'Begleedung huet den Ensemble Ad Libitum assuréiert.

Et hunn am Orchester matgewierkt: Jehanne Strepenne & Guy Goethals, Geien; Rainer Staringer, Braatsch; Olivier Lefèvre, Cello; Rosch Mirkes, Uergel. Et hu gesongen: am Sopran: Pamela Carlisle, Katy Clay, Catriona Gillham, Magdalena Mateńko, Jennifer Schofield; am Alt: Pavla Kolářová, Jeanne Letsch, Anne Schiltz, Jane Wickens; am Tenor: Muriel Nsunda, Tom Everett, Gavin Hodgson, Marc Jacqué, Mick Swithinbank; an am Bass: Carlo Entringer, Kenneth Roles, Roby Schiltz, Edward Seymour an Henry Wickens.

E grousse Merci alleguer de Sänger a Museker, déi et schlussendlech gepackt hunn, fir dëse Concert no zwee Joer awer méiglech ze maachen. De Publikum vun iwwer 50 Leit huet dat wierklech appreciéiert.

Leider hu mir am Laf vum Joer engem vun eisen treie Comités-Membere misse fir ëmmer Äddi soen. De Marcel Ewers ass den 8. Februar 2022 am Alter vun 83 Joer gestuerwen. De Marcel ass 2012 an de Comité vun den Uergelfrënn komm. Hie war, sou laang et seng Gesondheet erlaabt huet, ëmmer an de Sëtzungen, an och gären an eise Concerte als Nolauschterer dobäi. Mat sengem Enthusiasmus, senger Fréndlechkeet a sengem enorm breede Wësse war hien e gudde Kolleeg. Hie wäert eis immens feelen.

Eis Generalversammlung 2022 war zwar fir de 15. Juni geplangt, huet awer wéinst Covid missen op de 6. September verluecht ginn.

**Fir Ären Agenda 2022-23 notéiert Iech w.e.g. déi hei Datumer:**

***Samsdes, de 26. November 2022 um 20 Auer:***
Concert fir den 1. Advent mat de
Luxembourg Jazz Voices:
Edith van den Heuvel (Direktioun);
Sébastien Cuiret (Uergel).

***Sonndes, den 19. Mäerz 2023 um 17 Auer:***
„Händel und seine Zeitgenossen":
Jehanne Strepenne (Gei), Sylvie Langehegermann (Sopran), Rosch Mirkes (Uergel).

*Text: Henry Wickens*
*Fotoen: Daniel Mantrisi (Purcell-Concert), Martine De Nutte (Gei an Uergel)*

# LOKALNORIICHTEN AUS DEN ARCHIVEN ERAUSGEPICKT

## Sënnlos Gewalt ass leider näischt Neies

Waldbillig – Les plaisirs de la kermesse. – L'autre nuit, en revenant de la fête de Christnach le marchand N.B. fut assailli par une bande de jeunes gens qui le brutalisèrent à telle enseigne que le médecin dut recoudre plusieurs plaies. Depuis lors, la victime est obligée de garder la chambre.

(*L'Indépendance luxembourgeoise*, 20. November 1933)

---

## An tragesch Akzidenter ...

Waldbillig 17 décembre. – Hier matin, l'épouse M. de Waldbillig étant occupée à ramasser des feuilles mortes au bois communal de Waldbillig dit „Rilligerbach", y a trouvé le cadavre d'une personne du sexe féminin, dont la putréfaction était déjà tellement avancée qu'il était impossible de constater la moindre identité. La tête et les bras étaient séparés du reste du corps et n'ont pu être retrouvés. Autour du cadavre étaient dispersés les manches des habits en lambeaux. Il est certain que des animaux ont emporté la tête et les bras, car il n'y a pas soupçon d'un crime. La malheureuse ... était partie de Steinsel pour se rendre à Mullerthal. Presqu'arrivée au lieu de sa destination, elle a dû avoir perdu le sentier qui conduit de Christnach à Mullerthal, et – peut-être dans l'obscurité de la nuit –est-elle tombée d'un rocher de plus de 4-5 mètres de hauteur. Comme cet endroit n'est presque pas fréquenté, il est évident que le cadavre y a pu séjourner depuis environ trois mois.

(*L'indépendance luxembourgeoise*, 20. Dezember 1874)

---

## Bildung ass wichteg!

*Schonns den André Hentges wollt fläisseg Schüler aus der Gemeng Waldbëlleg belounen. Ginn et déi Präisser nach?*

Un beau geste. – A l'époque où la lutte entre les langues allemande et française devient de plus en plus âpre dans notre pays et où des voix autorisées s'élèvent de toutes parts pour attirer l'attention des pouvoirs publics sur la nécessité d'encourager l'étude du français dans le Grand-Duché, il convient de ne pas passer sous silence les efforts des hommes de bien qui ont eu conscience du danger et qui ne reculent devant aucun sacrifice pour défendre efficacement la cause du français. Parmi ces généreux bienfaiteurs se trouve M. Hentges, demeurant à Paris, né à Waldbillig et connu dans les milieux artistiques parisiens sous le nom de Lacaisse, pseudonyme sous lequel il a été, pendant une quinzaine d'années, directeur des Folies-Bergères à Paris. Or donc, M. Hentges qui possède une belle fortune... a résolu de consacrer une partie de sa fortune... à différents prix de français à distribuer chaque année aux élèves qui sauront le mieux parler, écrire et lire le français. Ces prix ne pourront être attribués qu'aux enfants des écoles de la commune de Waldbillig (où est né M. Hentges) et sections, c'est-à-dire Waldbillig Christnach et Haller. Il y aura pour les sections de Waldbillig et de Christnach 2 premiers prix de 500 francs chacun (1 pour garçons et 1 pour filles) ainsi que deux deuxièmes prix de 250 fr. chacun. La section de Haller (école mixte) sera gratifiée d'un prix de français de 300 fr. pour garçons et de 200 fr. pour filles. Le Conseil municipal de Waldbillig doit donner son approbation.

(*L'Indépendance luxembourgeoise* 9. August 1911)

---

## Klima:

*Am Joer 1887 ass iwwer déi grouss „Hitze und Dürre" geklot ginn. An och di Joren dono waren d'Summeren oft extreem waarm – an d'Hee deier.*

Heupreise. Der Durchschnittspreis des diesjährigen Heues beträgt 20-25 Fr. den Zentner. Die heurige Ernte war, was die Qualität betrifft, eine gute. Hinsichtlich der Quantität war dieselbe um 1 Drittel geringer wegen der anhaltenden Dürre einerseits und wegen verschiedener kalter Nächte anderseits.

Im Vorjahre bezahlte man 12-15 Fr. den Zentner, im Jahre 1932 10-12 Fr., im Jahre 1931 14-15 Fr., im Jahre 1930 10 Fr., im Jahre 1929 30-40 Fr., im Jahre 1928 35-50 Fr., im Jahre 1925 6-9 Fr. und im Jahre 1924 5-6 Franken den Zentner.

(*Escher Tageblatt*, 28. Juli 1934)

*Dës Artikele goufe recherchéiert an zesummegesat vun der Isabelle Oberlé*


© Damaris



Cyberdog. Camden Stable Market

# WAT FIR ENG PESCHT!
## Pandemien an der Literatur.

Krankheeten an Epidemien hunn dacks d'Mënschheet geschloen; eng ganz Korona dovunner huet d'Geschicht markéiert. Dofir waren se och dacks en Theema an der Literatur.

E bekanntent Beispill ass den ***Decameron***, eng Sammlung vun honnert Novelle vum italienesche Schrëftsteller **Giovanni Boccaccio** (1313-1375). Den Decameron ass ëm 1350 geschriwwe ginn an den Titel bedeit Wierk vun 10 Deeg.

Et geet ëm siwe Fraen an dräi Männer, déi 1348 op d'Land flüchten wéinst der Pescht, déi zu Florenz ëm sech gräift. An engem Landhaus verdreiwe sech déi jonk Leit d'Langweil, andeems se all Dag e Kinnek oder eng Kinnegin bestëmmen, deen oder déi fir deen Dag en Theema virschléit, zu deem all Fra an all Mann sech eng Geschicht ausdenkt. No den zéng Deeg ginn se all hannescht op Florenz.

D'Bedeitung vun deem Wierk weist sech dodrunner, datt grad bei der Corona-Pandemie a villen Zeitungen esou en Zyklus organiséiert gouf, esou zum Beispill eng Dekameron-Serie an der däitscher Wochenzeitung Zeit, wou Auteuren invitéiert goufen, Texter an der Traditioun vum Decameron ze schreiwen.

Hei sinn e puer Zitater aus deenen zéng mol zéng Novelle vum Original:

- Et ass besser, et mécht een eppes, och wann een dat kann dono bedaueren, wéi wann et engem herno Leed deet, näischt gemaach ze hunn.
- Näischt ass méi normal fir een, deen otemt, wéi säi Liewen esou gutt ewéi méiglech ze verdeedegen an ze erhalen.
- Wat ee méi ongléckelech ass a wat ee méi Leed huet, wat léiwer Trouscht ugeholl gëtt.
- Alles an dëser Welt huet en Enn.
- Matgefill passt jiddwerengem, awer kengem besser ewéi deem, deen et gebraucht a seng positiv Auswierkunge gespuert huet.
- Et muss een déi Betraffe bedaueren, dat ass e Gesetz vun der Mënschlechkeet.

Schonns **an der Bibel** goung et natierlech vill ëm schrecklech Krankheeten. Bei den zéng ägyptesche Ploen am Alen Testament koumen nom schlechte Waasser,

der Véipescht, de Fräschen, de Mustiken a Beelen déi sougenannte *Blatteren*, e Wuert, dat normalerweis déi haut ausgerotte Pouke bezeechent. Allerdéngs geet an der Bibel vu *Schwaarze Blattere* rieds, woumat da vläit d'Pescht gemengt war, déi jo haut nach a verschiddene Regioune vun der Welt ewéi zum Beispill a Madagaskar oder den nordamerikanesche Rocky Mountains optrëtt:

> „Si hu schwaarz Äschen aus dem Uewe geholl an de Moses huet virum Pharaoh déi Äschen an d'Luucht gehäit. Du si béis Blatteren un d'Menschen an un d'Véi komm; d'Priester konnten net bei de Moses kommen, well un hinne ware grad esou béis Blatteren ewéi un allen Ägypter."

Dono goung et viru mat Knëppelsteng, Heesprénger, enger Däischtert an dem Dout vun den Éischtgebuerenen.

Och am neien Testament, an der Apokalyps vum Johannes, koum et zu schrecklechen Ereegnesser, dës Kéier Siwe Ploe vun der Endzäit, och *Schalen des Zorns* genannt. Déi éischt Plo ware schlëmm Schwieren un deene Mënschen, déi d'Zeeche vum *Déier*, also vum Däiwel, un sech haten. Dono ass all Waasser zu Blutt ginn, et gouf eng grouss Hëtzt, eng Däischtert, eng Dréchent, en Äerdbiewen a Knëppelsteng.

Am Ufank vun der Coronaepidemie, déi am Mäerz 2020 richteg zu Lëtzebuerg ugefaangen huet, ass e Gedicht ëm d'Welt gaange mam Titel **And the people stayed home**. Et ass gemengt ginn, dat wier am 19. Joerhonnert entstanen an 1919 nogedréckt ginn, bei der Pandemie vun der Spuenescher Gripp, déi 50 bis 100 Milliounen Affer gefuerdert hat, also 2,5 bis 5 Prozent vun der deemoleger Bevëlkerung.

> *And the people stayed home.*
> *And read books, and listened, and rested,*
> *and exercised, and made art, and played games,*
> *and learned new ways of being, and were still.*
> *And listened more deeply.*
> *Some meditated, some prayed, some danced.*
> *Some met their shadows.*

Wéi esou dacks soll een net alles gleewen. Dat Gedicht ass am Mäerz 2020 geschriwwe ginn, vun der Kitty O-Meara, pensionéiert Léierin an Chaplain vu enger amerikanescher Kierch, déi mat hirem Mann zu Madison lieft, der Haapt-stad vum US-Staat Wisconsin. Hiert Gedicht huet sech

Cathédrale Saint-Lazare, Autun





immens séier op de soziale Medien am Internet wéi Instagram, Twitter a YouTube verbreet. Dozou huet virun allem den Deepak Chopra bäigedroen, en indesch-amerikaneschen Auteur, dee mat vill Succès Bicher iwwer Spiritualitéit an alternativ Medezin schreift an a Kalifornien lieft.

Den **Eugène Ionesco** (1909-1994) war e franséische Schrëftsteller mat rumäneschen Originnen. Hien ass bekannt wéinst sengen absurden Theaterstécker ewéi *La cantatrice chauve, Les chaises, Le roi se meurt* an natierlech ***Rhinocéros***.

Dat Stéck baséiert op der Geschicht mam selwechten Numm, déi den Ionesco virdru geschriwwen hat. Hien dréckt do säin Eekel aus virun all Totalitarismus a viséiert speziell Nazidäitschland. D'Stéck gouf interessanterweis fir d'éischt an enger däitscher Iwwersetzung opgefouert, an zwar 1959 zu Düsseldorf. Et geet do ëm eng Epidemie, déi Rhinocétite genannt gëtt, déi d'Leit all a Panik versetzt an déi déi krank Leit no an no an en Nashorn verwandelt.

Am leschten, dem drëtten Akt wiert de Béranger sech als eenzege géint déi Krankheet:

> *„C'est peut-être juste. Je vais tacher de me raisonner. Cependant le phénomène en soi est inquiétant. Moi, à vrai dire, cela me bouleverse. Comment l'expliquer ?"*

Den Dudard par contre fënnt dat alles net esou schlëmm, nom Motto „*suivre ses chefs et ses camarades, pour le meilleur et le pire*". Hie minimiséiert d'Gefor:

Rhinozeros zu Amnéville






> *„Alors pourquoi vous inquiétez-vous pour quelques cas de rhinocérite ? Cela peut être aussi une maladie. [...] Oh ! N'y pensez plus. Vraiment, vous attachez trop d'importance à la chose. [...] Il reste l'hypothèse de l'épidémie. C'est comme la grippe. Ça c'est déjà vu des épidémies. [...] De toute façon, ce n'est pas mortel. Il y a des maladies qui sont saines. Je suis convaincu qu'on en guérit si on veut. Ça leur passera, allez. [...] Je vous rappelle que vous précisiez vous-même que la meilleure façon de se défendre contre la chose c'est d'avoir de la volonté."*

De Bérenger sicht par contre no Mëttelen an no Explikatiounen:

> *„L'alcool est bon contre les épidémies. Ça m'immunise. Par exemple, ça tue les microbes de la grippe. [...] Je vous répète que c'est tout simplement parce que cela préserve du pire que j'en prends, oui, c'est calculé. Quand il n'y aura plus d'épidémie, je ne boirai plus. J'avais déjà pris cette décision avant les événements. Je la reporte, provisoirement ! [...] quand vous êtes pris vous-même dans l'événement, quand vous êtes mis tout à coup devant la réalité brutale des faits, on ne peut pas ne pas se sentir concerné directement, on est trop violemment surpris pour garder tout son sang-froid. Moi, je suis surpris, je suis surpris, je suis surpris ! Je n'en reviens pas."*

Bei all Krankheet ass no Schëllege gesicht ginn. Haut sinn et d'Chineesen oder d'Russen oder d'Amerikaner, jee nodeems, wou ee wunnt, oder einfach am Prinzip all Auslänner, wouwéinst da séier all Grenzen zougemaach ginn.



Rautenstrauch-Joest-Museum. Köln



Trolls et légendes. Mons 2017



Trolls et légendes. Mons 2017

Fréier hunn sech aner Seeërcher gehalen, datt déi Doudeg selwer ronderëm gezu sinn op der Sich no neien Affer. Déi franséisch Schrëftstellerin **Fred Vargas** léisst an hirem Kriminalroman *L'armée furieuse* de Commissaire Adamsberg dem onstierfleche *Seigneur Hellequin* a senger rosener Arméi begéinen. E léiert do e Bericht kenne vum *Hélinand de Froidmond*, deen am 13. Joerhonnert en *Trovère* war, also e Poet a Sänger an der Langue d'oïl, dat selwecht ewéi en *Troubadour*, just datt dësen seng Lidder an Texter an der *Langue d'oc* verfaasst huet.

> *„... il entendit un grand tumulte dans le bois, comme de nombreux hennissements de chevaux, le bruit des armes et les clameurs d'une multitude d'hommes se portant à l'assaut. Terrifiés, lui et son cheval revinrent vers moi. [...] La forêt est remplie d'âmes de morts et de démons. Je les ai entendus dire et crier : „Nous avons déjà le prévôt d'Arques, nous allons nous emparer de l'archevêque de Reims." À cela je répondis : „Imprimons sur notre front le signe de la croix et avançons en sûreté." [...]*
>
> *Cette Armée furieuse trimballe toujours avec elle quelques hommes ou femmes vivants, qui hurlent et se lamentent dans les souffrances et le feu. [...] Voici qu'une immense troupe de gens à pied se mit à passer. Ils portaient sur leur cou et leurs épaules du bétail, des vêtements, des objets de toutes sortes et divers ustensiles que les brigands emmènent habituellement avec eux.*
>
> *Tous se lamentaient et s'exhortaient à aller plus vite. Le prêtre reconnut dans ce cortège plusieurs de ses voisins morts depuis peu et il les entendit se plaindre des grands tourments qu'ils subissaient en raison de leurs méfaits."*

Natierlech waren et keng Wiesen aus der Geeschterwelt, déi Schold un der Pescht waren. An et ass och keng göttlech Strof. *Mes frères, vous êtes dans le malheur, mes frères, vous l'avez mérité.* Déi, déi dorunner gleewen, hunn sech soss ëmmer an de Kierchen erëmfonnt an d'Reliquië gekësst, all op der selwechter Plaz. Dat ass hinnen net gutt bekomm. Och hautesdaags ass eng Pilgerfaart bei déi **Helleg Corona**, déi am Doum zu Oochen begruewe läit, keng Hëllef.

Kulturnuecht Esch 2019




Rautenstrauch-Joest-Museum. Köln


Collégiale Sainte- Waudru, Mons

Laang Zäit ass dem Hippokrates vu Kos gegleeft ginn, dem griicheschen Dokter aus dem 5. Joerhonnert viru Christus, dee gesot hat, et wieren Ausdënschtunge vu faulem Buedem, sougenannte Miasmen, déi d'Mënsche géife krank maachen. Dat huet zwar schonn zu richtege Mesurë vun Hygiène, méi Luucht a Loft, a virun allem propper Toiletten a Wäschgeleeënheete gefouert, déi z. B. déi renomméiert Infirmière Florence Nightingale am Krimkrich duerchgesat huet, déi hirersäits awer och un déi Miasmentheorie gegleeft huet.

Déi richteg Zesummenhäng goufen eréischt kloer, ewéi Louis Pasteur a Robert Koch um Enn vum 19. Joerhonnert konnte kloerstellen, datt Krankheeten iwwer mikroskopesch kleng Erreeger ewéi Bakterien oder déi méi spéit fonnte Viren iwwerdroe ginn.

E jonke Fuerscher mam Numm **Alexandre Yersin** hat eng villverspriechend Karriär ugefaang a war 1887 ee vun de Membere vun der éischter Ekipp vum Institut Pasteur zu Paräis. En huet do kënnen den Diphterietoxin noweisen.

Hien ass awer séier aus Frankräich verschwonnen an huet de Rescht vu sengem Liewen an Indonesien verbruecht. D'Grënn dofir sinn net ganz kloer, mee et gouf ëmmer onerfreelech Gerüchter. An zu där Zäit ware Kolonien eng gutt Plaz fir Pederasten, wou keen Hunn no hinne gekréint huet, besonnesch net, wann se eng gutt Pai haten an déi ënner déi indigène Populatioun bruecht hunn.

De Yersin huet virun als Medeziner gefuerscht an et ass him dat gegléckt, wat säin Numm onstierflech mécht: Hien huet den Erreeger vun der Pescht entdeckt, de Bazillus *Yersinia pestis*. An en huet och den éischte Serum entwéckelt, fir d'Peschtkrank ze heelen.

De Yersin war selwer mat Peschtepidemië konfrontéiert. D'Buch ***Peste & choléra*** vum **Patrick Deville** weist dem Yersin säi Liewe ganz hagiografesch an ouni op iergendeng däischter Säit vun him anzegoen. An deem Buch gëtt beschriwwen, wéi de Yersin derzou koum, de Pestbazillus ze isoléieren. D'Pescht war jo eng Gäissel vun der Mënschheet:

> *„À l'époque de la marche à pied, du cheval, des chars à bœufs aux roues grinçantes et de la marine à voile, la peste avançait au pas et moissonnait devant elle. Vingt-cinq millions de morts en Europe au quatorzième siècle. Les médecins en toge portaient des masques blancs à long bec d'oiseau, bourrés d'herbes aromatiques pour filtrer les miasmes. […] Aucune thérapie. La peste est imprévisible et mortelle,*



Michel Medinger. Maître Corbeau sur un Crâne perché

> *contagieuse et irrationnelle. Elle sème la laideur et la mort, répand sur le monde le jus noir ou jaune des bubons qui percent sur les corps.“*

1894 gouf et eng grouss Peschtepidemie a China, déi déi englesch a franséisch Kolonialhären terroriséiert huet. De Yersin koum op Hongkong an huet direkt déi richteg Observatioune gemaach, nämlech datt opfalend vill Raten ze gesi waren. Déi Zäit hat nach keen den Lien tëscht Raten a Pescht och nëmme an d'A gefaasst:

> *„Depuis son arrivée au port, sous une pluie torrentielle, il a vu des cadavres de pestiférés dans les rues et dans les flaques, au milieu des jardins, à bord des jonques au mouillage. [...] 'Je remarque beaucoup de rats morts qui gisent sur le sol.' La première note griffonnée par Yersin le soir même concerne les égouts qui dégorgent et les rats en décomposition. Depuis Camus ça semble évident mais ça ne l'était pas. Voilà ce que Camus doit à Yersin quand il écrit son roman, tout juste quatre ans après la mort de celui-ci.“*

Den **Albert Camus** war e franséische Schrëftsteller, Philosoph a militante Journalist. Hie war 1923 an Algerie gebuer ginn an ass 1960 bei engem Autosaccident a Frankräich gestuerwen.

***La peste*** ass eent vu senge bekannteste Wierker a gehéiert mat *L'homme révolté* a *Les justes* zum *Cycle de la révolte*, dee mat derzou bäigedroen huet, datt de Camus 1957 de Literaturnobelpräis krut.

De Roman *La peste* erzielt vun enger Stad, déi wéinst der Pescht vun dem Rescht vun der Welt ofgeschnidde gëtt. Am éischten Akt gëtt bericht, datt vill Raten an dunn och Mënschen un enger mysteriéiser Krankheet stierwen, an datt d'Autoritéiten decidéieren, no villem Zécken, datt d'Stad isoléiert gëtt. De Camus ass inspiréiert gewiescht vun zwou esou Epidemien 1944 zu Alger an 1945 zu Oran,


Old Brompton Cemetary, London


Highgate Cemetary, Hampstead

a wahrscheinlech och vun deenen a China méi fréi am Joerhonnert.

De Roman ass am Joer 2020 wéinst der Coronaepidemie erëm ganz populär ginn. Doriwwer huet d'Journalistin Lisbeth Koutchoumoff Arman geschriwwen:

> ***„La réalité en face***
>
> *Début janvier déjà, alors que le Covid-19 semblait encore loin de l'Europe, les ventes du chef-d'œuvre d'Albert Camus ont bondi. Fin janvier, le nombre d'exemplaires était multiplié par quatre en France et par trois en Italie. [...]*
>
> *En tous les cas, si pour la plupart cette lecture remonte aux années d'adolescence, il vaut la peine de s'y replonger aujourd'hui tant on y trouve d'échos à la vague épidémique qui déferle : les autorités qui tardent à regarder la réalité en face, les mesures de confinement, les différentes façons de réagir face au mal, par le déni, le dédain, la magouille, la panique, la fuite. Ou l'engagement, incarné par le docteur Rieux."*

De Roman ass du vum **Lex Roth** an d'Lëtzebuergescht iwwersat ginn. Hien hat schonns *L'étranger, De Friemen,* an eis Sprooch gesat an dat war eng gutt Virbereedung op den Theema:

> *„'Abee, da stierwen ech also.' Éischter wéi anerer, dat war evident. Mä jidderee weess, datt d'Liewen net wäert ass, gelieft ze ginn. Am Fong hunn ech gewosst, datt e Stierwe mat zwanzeg oder mat siwenzeg Joer net ganz wichteg wier, well natierlech an den zwéi Fäll aner Männer an aner Frae liewe wäerten, an dat Dausende Joer laang. Gutt gerechent ass näischt méi kloer gewiescht. Ech war et ëmmer, dee stierwe géif, ob dat elo oder an zwanzeg Joer soll sinn."*

Dono koum *La peste* un d'Rei, *D'Pescht,* eng Heeden-aarbecht vun Iwwersetzung. Mat der fréndlecher Autorisatioun vum Iwwersetzer zitéiere mer hei e puer méi laang Passagen, déi weisen, wéi no dat Buch un eisen Erliefnesser vun de leschten zwee Joer ass. Et kléngt, wéi wann dat Buch iwwer de Coronavirus geschriwwe wier. Laang Zäit hate mer esou Katastrophen net méi fir méiglech gehalen, mee elo passt dem Camus säi Roman an eist Erliewen:

> *„Dem Tarrou, deen zouginn huet, hie vu sengem Ongléck schwätze gehéiert ze hunn, hien dann ower u seng Iddi vun Äerdbiewen erënnert huet, huet deen ale Wiechter geäntwert: 'Ah! Wann et en Äerdbiewe gewiescht wier! E gudde Juppeler an et gëtt net méi dovu geschwat, déi Doudeg an déi Lieweg gi gezielt, an d'Saach ass gelaf. Mä déi Schwéngerei vu Kränkt! Souguer déi, déi se net hunn, droen s'an hirem Häerz.'*
>
> *[... ] Et gëtt gesot, huet den Tarrou bemierkt, datt d'Keelt gutt géint dës Zort vu Kränkt wier. Den Direkter huet sech opgereegt: 'Mä Monsieur, hei ass et ni wierklech kal; souwisou wieren dat fir äis nëmmen e puer Méint.' Hie war iwwregens sécher, datt d'Voyageure sech nach laang vun der Stad giffen ewechhalen. Dës Pescht wier de Ruin vum Tourismus."*

De Pater Paneloux huet et natierlech net verpasst, de Leit kloer ze maachen, datt si mat hire Sënne selwer Schold un hirem Misär wieren:



Old Brompton Cemetary, London



Reykjavik Sudurgata

*„Hien hat eng kräfteg, leidenschaftlech Stëmm, déi wäit gaang ass; a wéi hien d'Assistenz mat engem eenzege feieregen a gehummerte Saz ugegraff huet: 'Bridder, dir stiecht am Ongléck, Bridder, dir hutt et verdéngt', ass e Geramouers bis op de baussegten Haff duerch d'Leit gaang.*

*[... ] Well gläich no dësem Saz huet de Paneloux den Text vum Exodus zitéiert, deen sech op d'Pescht an Egypte bezitt, a gesot: 'Déi éischt Kéier, wou déi Plo an der Geschicht erschéngt, ass et, fir d'Feinde vum Herrgott ze geroden. De Pharao stellt sech géint déi éiweg Pläng, an d'Pescht deet en an d'Knéie goen. Zënter dem Ufank vun deer ganzer Geschicht geheit dem Herrgott seng Plo him déi Houfreg a Blann vrun d'Féiss. Loosst dat an iech eragoen a faalt op d'Knéien.'"*

Den Dokter Rieux reift sech op mat senger Aarbecht, déi wéinst de ville Kranke keen Enn fënnt, genee wéi mir et jo elo gesinn hunn:

*„No deenen opreiwende Wochen, no all deenen ugebrachenen Owender, wou d'Stad an d'Strooss erausgelaf ass, fir do rondrëmzedréinen, huet de Rieux verstan, datt hien sech net méi géint säi Matleed bräicht ze wieren.*

*Et gëtt een dem Matleed senger midd, wann d'Matleed kee Wäert méi huet. A beim Gefill vun deem Häerz, dat sech lues a lues op sech selwer zougemaach huet, huet den Dokter déi eenzeg Erliichterung vun dëse schwéieren Deeg fonnt. Hien huet gewosst, datt seng Aufgab domat méi liicht géif ginn."*

Op eemol huet et geschéngt, wéi wann d'Pescht kéint verschwannen. Mee domat fënnt ee säin aalt Liewen net einfach esou erëm:

*„Obschonn dat blëtzegt Hannerzeggoe vun der Kränkt onverhofft war, hunn eis Matbierger sech net getommelt, fir sech ze freeën. Och wann déi vergaange Méint hire Wonsch no Fräiheet ëmmer méi vergréissert hunn, hate si oppasse geléiert a sinn dru gewinnt, fir ëmmer manner mat engem noen Enn vun der Epidemie ze rechnen. Mä dësen neien Zoustand war an alle Gebräicher; an déif an den Haërzer huet eng onagestanen Hoffnung sech geréiert. All de Rescht guff zweeetrangeg. Nieft dëser onerhéierter Saach haten déi nei Affer vun der Pescht net vill Gewiicht: d'Statistike waren erofgaang. Ouni datt riichteraus drop gehofft gouf, war et ee vun den Zeechen, datt awer heemlech op déi gesond Zäit gewaart ginn ass; datt eis Matbierger, och wann si gemaach hunn, wéi wann et hinnen egal wier, vun dësem Moment u gär vun där Fassong geschwat hunn, wéi d'Liewen sech erëm no der Pescht giff organiséieren.*

*Jidderee war d'accord fir ze denken, datt d'Kamouditéite vum vergaangene Liewen net op ee Siess giffen erëmfonnt ginn, an datt et méi liicht ze zerstéiere wéi erëm opzebaue wier."*

Pandemien a Krich, déi zwee Theeme schéngen ëmmer matenee verbonnen ze sinn an et ass jo erstaunlech, wéi an eiser Zäit déi zwou Katastrophen erëm eng Kéier mateneen optrieden.

*„Grouss Ploen, dat ass wierklech eng allgemeng Saach; mä et huet een et schwéier, fir u grouss*



Odilon Redon. Diable enlevant une tête



Odilon Redon. Araignée

*Ploen ze gleewen, wann se iech op de Kapp falen. Et goufen an der Welt souvill Peschten ewéi Kricher. An trotzdeem treffen d'Peschten an d'Kricher d'Leit ëmmer esou onerwaart. [ ]*

*Wann e Krich ausbrécht, soen d'Leit: 'Dat dauert net, dat ass ze domm.' An ouni Zweiwel ass e Krich ganz sécher nun emol zevill domm, mä dat verhënnert net, datt en dauert. D'Dommheet wëllt ëmmer weider, datt giff een anuechthuelen, wann een net ëmmer u sech selwer giff denken. Eis Matbierger waren op déi Manéier wéi s'alleguer, si hu vrun allem u sech geduecht, anescht gesot: si waren Humanisten, un d'Ploen hunn si net gegleeft. D'Plo kann een net iwwer de Mënsch moossen, also seet een sech, d'Plo wier onwierklech, 't ass e béisen Dram, dee vergeet.*

*Mee dee vergeet net ëmmer …"*

Schléisse mer of mat dem **Michel Rodange**, esou wéi et sech zu Waldbëlleg gehéiert.

Am IV. Gesank vum ***Reenert*** iwwerzeegt de schlauen an hannerlëschtege Fuuss seng Fra, sech krank ze stellen, well hien dem Wollef, dee grad kënnt, eng spille wëllt. E bezitt sech dobäi op déi wichtegst Heeler aus där Zäit, d'Schënneren, vun deenen der an der Gemeng um **Freckeisen** ze fanne waren:

E koum. „Wéi geet et?" sot en.
„O Monnonk, wéi et kann."
„Wat feelt? A kann ech helfen?"
„Mä kommt emol eran."

Do louch meng Fra um Palljas
ze wéimren a gekrëmmt;
se kann sech gutt verstellen,
verstitt, do war meng Schlëmmt.

Ech sot: „'t si Reimatismen;
kuckt, wéi dat Mënsch do läit!
Se seet, ech soll se schmieren,
an ech hu guer keng Zäit.

Ech si geruff vum Kinnek;
ewell e schrouf mer hënt.
'T ass eppes, wat presséiert;
gär bléif ech, wann ech kënnt.

Géif Dir net wëlle bleiwen
eng Stënnchen hei beim Bett



a si e bësse reiwen
mat hei deem Ieselsfett?

Dir sidd jo hallwer Dokter,
an 't ass mer guer net baang,
Dir waart jo am Freckeisen
an och beim Päerdsklos laang."

**Freckeisen** war d'Plaz vun de **Schënneren**. Déi hunn déi futtis Béischte gesammelt, hinnen d'Hait ofgezunn an déi mat enger aus Piff konzentréierter Léisung behandelt. Duerch hir Aarbecht hunn d'Schënneren sech gutt mat der Anatomie vun den Déieren auskannt an domat och mat där vum Mensch. Am Luxemburger Wörterbuch steet doriwwer dat heiten:

*De Schënner wor dacks e gudde Knachefléckert (Schankefléckert), e gouf geruff, wann d'Béischten oder d'Leit eppes auserneen haten; en hat derzou och nach allerlee Schmier a Saleften [...]*

Eng Partie vun hinnen hunn sech als Déieren- an och Menschenheeler en Numm gemaach an si hu sech haaptsächlech drop verstanen, verstauchte Gelenker a gebrache Schanken erëm op d'Plaz ze setzen. De **Päerdsklos** war esou en Heeler. Hien huet Nikolas Gouverner geheescht. Hie gouf gebuer den 11. Januar 1778 zu *Dahnen*, op Lëtzebuergesch Donen, an der haut däitscher Äifel, déi deemools nach bis zum Wiener Kongress 1815 zu Lëtzebuerg gehéiert huet.

Hien huet als Kniecht geschafft a sech am Klëppelkrich engagéiert, deen d'Baueren am Lëtzebuerger Éislek an an der Äifel géint déi franséisch Besatzung gefouert hunn. No der Schluecht vun Arzfeld, op Lëtzebuergesch *Oorzfeld*, den 30. Oktober 1798, ass hie vun de Fransousen zu zwee Méint Prisong veruerteelt ginn an huet sech dono als Houfschmadd an der Fiels niddergelooss. De 5. Dezember 1808 gouf hien do mat der Anne-Marie Charlé bestuet. Spéider huet en um Kitzebuer gewunnt an der deemoleger Gemeng Miedernach, op der Héicht net wäit ewech vum Freckeisen. Do ass en den 3. Februar 1841 gestuerwen.

En huet markant ausgesinn mat engem grousse Läinzeechen op der Stier vun der Wonn, déi e bei der Schluecht zu Arzfeld kritt hat. Hien ass séier als Paërdsklos bekannt ginn, als een, dee sech mat Kraider auskannt



huet a wosst, kranke Päerd a soss Béischten ze hëllefen. En huet seng Rezepter och de Leit ginn, déi bei e koumen.

Haut kéint een hie vläit gutt gebrauchen. Bei all de Mënschen, déi krank sinn, mee awer och bei den Déieren, déi vun hinnen ugestach ginn. Hënn a speziell Kaze sinn och vu Corona betraff.

*Marc Barthelemy*

Quellen:


- Albert Camus. La peste. Éditions Gallimard 1947
- Albert Camus. de Friemen. Iwwersat vum Lex Roth. Éditions Schortgen 2021
- Albert Camus. D'Pescht. Iwwersat vum Lex Roth. Éditions Schortgen 2020
- Eugène Ionesco. Rhinocéros. Éditions Gallimard 1959
- Patrick Deville. Peste et choléra. Éditions Le Seuil 2012. Prix Femina 2012
- Fred Vargas. L'armée furieuse. Éditions Viviane Hamy 2011
- 190 Joer Michel Rodange. De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg. Gemeng Waldbëlleg 2016
- Den Artikel *C'est comme la grippe* an der Zeitung *Le Monde diplomatique* am Abrëll 2020
- Den Artikel *Camus, le virus et nous* vun der Lisbeth Koutchoumoff Arman ass aus der Schwäizer Zeitung *Le Temps* vum 15. Mäerz 2020
- Den Artikel *Freckeisen an de Päerdsklos* vum Marc Barthelemy am FUUSS 2017

Internet:

- https://dicocitations.lemonde.fr
- http://wikipedia.fr
- www.mon-poeme.fr
- www.oprahmag.com


Illustratiounen

- D'Biller vum Odilon Redon houngen 2011 an der Ausstellung *Odilon Redon. Le prince du rêve* am Grand Palais zu Paräis
- D'Foto vum Michel Medinger ass aus enger privater Kollektioun. Si ass hei mat der frëndlecher Autorisatioun vum Kënschtler ofgedréckt. www.medinger.lu
- De Skelett op der Toilette war eng Installatioun op der Kulturnuecht zu Esch 2019
- D'Rhinozerosse si fotograféiert am Zoo zu Amnéville an an der *Réserve africaine* zu Sigean
- D'Illustratioun vum *Reenert* ass vum jonke Lëtzebuerger Kënschtler Ben Caspar







*Foto: Damaris*

# LIEWEN AN DER GEMENG // *VIE RURALE*




## DUERFFEST 2022

Mir woussten schonn net méi wéi et géif goen. Zu esou vill an eisen Dierfer zesummenzekommen, ass e Luxus ginn, vun deem mer op dësem 10. Juli am Zentrum vu Waldbëlleg konnte profitéieren.

D'Veräiner hate sech mobiliséiert, fir Aktivitéiten, Iessen a Gedrénks unzebidden an esou och hir Keess opzeféllen.

D'Eltereverееnegung huet Kannergesiichter gemoolt, Hoerbännercher gemaach an och Glitzertatooen. D'Elteren hu mat hirer neier Maschinn Zockerwatt gemaach a verkaaft. Um Sprangschlass war de ganze Mëtteg vill lass an d'Kanner haten hire Furri.

Fir Animatioun huet d'Zaltimband gesuergt, d'Grupp vun der Zirkusshow Zalimbanq'. Mat hire schmësseg Balkan- a Klezmerlidder hu si esouguer deen een oder aneren un d'Danzen oder zumindest un d'Wackele kritt.





*Fotos: Elterevereenegung*



*Foto: Damaris*








*Foto: Thierry Faber*



# BEWEEG DECH-WOCH!

„Zesumme beweegen a Spaass hunn" war d'Devise vun der Beweegungskommissioun wärend der Beweeg dech-Woch vum 30. Mee bis de 5. Juni.

**Ugebuede goufen déi heiten Aktivitéiten:**



**Méindes** goung et lass mat enger **Wanderung** ronderëm Chrëschtnech vun iwwer 8 km an et ware 16 Leit an 2 Muppe mat um Tour.

**Dënsdes** goufen 2 **Laftouren** ugebueden vun eng Kéier 6 km an eng Kéier iwwer 10 km an dobäi waren am ganze 7 Persounen um Start.





**Mëttwochs stoung** e **Mountainbike Tour** um Programm vun iwwer 20 km wou 14 Leit mat ënnerwee waren, déi meescht mat engem E-MTB an e puer sportlecher mat engem normalen MTB.

Donneschdes war **Beachvolleyball** ugesot a 4 Enthusiasten hunn och an der praller Sonn gespillt.

**Freides** war e **Schnuppertraining am Badminton** geplangt mee leider haten sech keng Leit ugemellt an den Training gouf annuléiert.

Samschdes war eng schéi **Wanderung mat Picknick** am Marscherwald um Programm. Et waren 20 Leit mat, an de Picknick mat de regionale Produiten vun eise lokale Produzenten war richteg lecker.



**Sonndes** war als Ofschloss de **Beweeg dech-Dag**. Moies war en MTB-Tour mat den Trailhunters. De ganzen Dag iwwer konnt ee Vëloen ausléinen vu Rent a Bike Mëllerdall a Spiller vum Ludobus vun der Nordstadjugend. Bei de Summer Games hunn 9 Equipe matgemaach an all Equipe krut e Präis.

Villmools Merci och all deenen, déi bei der Organisatioun vun eiser aktiver Woch matgehollef hunn.

2023 wäert sech eis Gemeng och nees beweegen!

*D'Beweegungskommissioun*





## Dépôt sauvage de déchets

L'administration communale de Waldbillig rappelle que conformément à l'article 42 de la loi du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets l'abandon, le rejet ou la gestion incontrôlée des déchets sont interdits et punis d'une amende de 25 euros à 1.000 euros.
Tout habitant de la commune de Waldbillig qui paye les taxes communales pour la gestion des déchets peut profiter du centre de recyclage à Junglinster.

Veuillez consulter le site pour toutes informations et les heures d'ouverture sur le Recycling Center Jonglënster.

**www.rcjunglinster.lu**

*L'administration communale de Waldbillig*

## Illegaalt Ofstelle vun Offall a Sperrmüll

D'Gemeng Waldbëlleg erënnert drun, datt Ofstelle vun Offall a Sperrmüll op ëffentleche Plazen, laut dem Artikel 42 vum Gesetz vum 21. Mäerz 2012 iwwer d'Gestioun vum Offall, verbueden ass a mat enger Amende vu 25 bis 1.000 Euro bestrooft gëtt.

All Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg, deen d'Gemengentaxe fir d'Offallgestioun bezilt, huet Zougang zum Recycling Zenter zu Jonglënster.

Weider Informatioune fannt Dir um Internetsite vum Recycling Zenter Jonglënster.

**www.rcjunglinster.lu**

*D'Gemeng Waldbëlleg*




## (IM)MOBILITÉIT

D'Liewen an eisen Dierfer ass an de leschte Jore gepräägt vun de ville Schantecher. De „Provisorium“ op der Präteler Bréck feiert geschwënn seng zéng Joer, d'Strooss vu Waldbëlleg an de Mëllerdall schéngt och um Wee dohinner. Mee am Schwieregsten ass et natierlech a Waldbëlleg selwer, well d'Haaptstrooss gespaart ass. Dee Schantchen wäert eis nach eng Zäitche beschäftegen.

Och am ëffentlechen Transport muss een oppassen, datt een net einfach stoe gelooss gëtt. Net nëmme gi verschidden Arrête wéinst de Chantieren net méi ugefuer, mee eng Partie Buslinnen hunn nei Nummere kritt. Fir eis Gemeng sinn dat déi heiten:

- de Bus 107 huet elo d'Nummer 222; e fiert vun der Stad iwwer Jonglënster, Chrëschtnech, Waldbëlleg an Haler op Beefort, an natierlech hannescht;
- de Bus 404 huet elo d'Nummer 232; e fiert hin an zeréck vu Miersch iwwer Noumer, d'Fiels, Chrëschtnech a Waldbëlleg op Haler;
- de Bus 848 huet elo d'Nummer 21U; e fiert dräi Mol den Dag vun Iechternach iwwer Beefort, Haler, Waldbëlleg a Chrëschtnech op Colmar-Bierg an hannescht.

Da gëtt et awer och elo e Bus fir Freckeisen. D'Buslinn 241 fiert um Freckeisen lass, iwwer Waldbëlleg, Haler, Miedernach, Iermsdref op Dikrech. En Arrêt zu Chrëschtnech ass geplangt, mee nach net realiséiert.

An déi nei Linn 242 fiert vum P&R zu Jonglënster iwwer d'Schanz a Präiteler an de Mëllerdall a virun op Waldbëlleg an op Chrëschtnech, an erëm hannescht.

Wéi ugangs geschriwwen: Sou laang d'Strooss zu Waldbëlleg gespaart ass, fiert do och kee Bus.

*Text: Marc Barthelemy*
*Fotoen Schantecher: Damaris*
*Foto Bus: Marc Barthelemy*


241 FrecKeisen
RGTR


50
356
WALDBILLIG
Waldbëlleg






# Blëtz a.s.b.l.

Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag


**All Dag kréie 4 Leit e Schlag zu Lëtzebuerg - 112 - Zäit = Gehier**

## Wie hoch ist Ihr Risiko?

**Dieser Test soll dabei helfen, das Risiko, einen (erneuten) Schlaganfall zu erleiden, einzuschätzen.**




| Ja | Nein | |
|---|---|---|
| ○ | ○ | Haben Sie bereits einen Schlaganfall oder eine transitorische ischämische Attacke, kurz TIA, erlitten? |
| ○ | ○ | Haben Ihre nahen Verwandten (Mutter, Vater) einen Schlaganfall erlitten? |
| ○ | ○ | Sind Sie wegen Herzrhythmusstörungen oder Vorhofflimmern in Behandlung? |
| ○ | ○ | Wurde bei Ihnen eine Verengung der Halsschlagader (Karotis-Arterie) festgestellt? |
| ○ | ○ | Liegt Ihr Blutdruck bei 140/90 mmHg oder höher? |
| ○ | ○ | Sind Sie Diabetiker? |
| ○ | ○ | Rauchen Sie? |
| ○ | ○ | Liegt Ihr Cholesterin bei 240 mg/dl oder höher? |
| ○ | ○ | Leiden Sie unter Migräne mit Aura? |
| ○ | ○ | Trinken Sie regelmäßig Alkohol? |
| ○ | ○ | Sind Sie weniger als drei Tage pro Woche körperlich aktiv? |



Werden mehr als 5 der folgenden Fragen mit "Ja" beantwortet, ist es ratsam, einen Arzt aufzusuchen.

© Elke Klug: Schlaganfall. Gemeinsam zurück ins Leben: Ein Ratgeber für Angehörige und Freunde in Zusammenarbeit mit der Stiftung Deutsche Schlaganfall-Hilfe.

**F** — **Face = Gesicht**
Bitten Sie den Patienten zu lächeln.
Ist das Lächeln asymmetrisch?

**A** — **Arms = Arme**
Bitten Sie den Patienten, beide Arme zu heben.
Sinkt ein Arm nach unten?

**S** — **Speech = Sprache**
Ist die Sprache verwaschen oder komisch?
Bitten Sie den Patienten einen einfachen Satz z.B. "Der Himmel ist blau" zu wiederholen.


**T** — **Time = Zeit**
Erkennen Sie eines dieser Symptome:
umgehend 112 wählen !!!

**112 Wichtige Informationen für den Rettungsdienst:**

- Genaue Uhrzeit des Beginns der Symptome
- Vorerkrankungen und aktuelle Medikation

**Zwischenzeitlich:**

- Achten Sie auf freie Atemwege
- Dem Betroffenen nichts zu essen oder zu trinken geben!




## Agenda Oktober

**02.10.** Petanque
10.00-12.00 Uhr
im Stade John Grün in Mondorf

**15.10.** Therapeutische körperliche Sportaktivität
10.00-12.00 Uhr
im Rehazenter

**23.10.** **Welttag des Schlaganfalls**
Konferenz
16.00-19.00 Uhr
im Bettemburger Schloss

## Agenda November

**19.11.** Therapeutische körperliche Sportaktivität
10.00-12.00 Uhr
im Rehazenter

**26.11.** **Porte ouverte**
10.00-11.00 Uhr
Risikofaktor Diabetes !
11.00-12.00 Uhr
Singen mit Camille Kerger
im Centre culturel Huncherange

## Agenda Dezember

**03.12.** Therapeutische körperliche Sportaktivität
10.00-12.00 Uhr
im Rehazenter

**10.12.** **Porte ouverte**
10.00-11.00 Uhr
Bewegungstherapie nach Schlaganfall
11.00-12.00 Uhr
Singen mit Camille Kerger
im Centre culturel Huncherange

**Blëtz a.s.b.l.** **Lëtzebuerger Associatioun fir Betraffener vun engem Hiereschlag**
Tel. 26 51 35 51 • info@bletz.lu • www.bletz.lu • CCPL IBAN LU84 1111 7009 1792 0000


© Damaris



© Damaris

# KLIMAPAKT // *PACTE CLIMAT*

## KLIMABERODER

### Liebe Bürgerinnen und Bürger,



seit September 2021 bin ich nun schon für die Gemeinde Waldbillig als Klimaberater tätig und es ist an der Zeit vielen Dank für die herzlich Aufnahme in das Klimateam der Gemeinde zu sagen. Die Zeit ist schnell verflogen und ich brauche wohl nicht extra zu betonen, dass in der heutigen Zeit Klimakrise und Nachhaltigkeit durch Aspekte wie Sicherheit und Unabhängigkeit geprägt werden. Viele werden es schon an der Zapfsäule, der Nebenkostenabrechnung oder der Erhöhung der Vorauszahlungspauschе für Gas gemerkt haben, dass die Zeit der billigen Energie wohl nicht nur auf absehbare Zeit, sondern langfristig vorbei ist. Und diejenigen, die schon guter Dinge waren, um sich entsprechend aufzustellen, mussten feststellen, dass eAutos vergriffen sind und die Lieferzeiten für erneuerbare Energiesysteme sich dramatisch verlängert haben.

Ist es aber nicht so, dass jede Krise auch eine Chance bietet? Zugegeben, das ist eine optimistische Sichtweise. Von Seiten der Politik wurde ein im internationalen Vergleich einmaliges Förderprogramm aufgelegt, um die nachhaltige Energieerzeugung zu stärken aber auch um Investitionen in die Zukunft schon jetzt monetär interessant zu machen. An der Stelle darf ich auf die Seite der Klimaagentur verweisen, wo jeder Bürger sich über die neuen Subventionsregeln und den Klimabonus gemäß der großherzoglichen Verordnung vom 07. April dieses Jahres informieren kann. https://aides.klima-agence.lu/details/522 Ich empfehle einfach mal aus Neugierde dort eine Simulation durchzuführen.

Wir vom Klimateam möchten es aber nicht dabei belassen den Bürgerinnen und Bürgern gute Ratschläge zu geben, sondern wollen natürlich mit gutem Beispiel vorangehen und Vorbild sein. Zwischenzeitlich wurde das Klimaleitbild für die Gemeinde aufgestellt, diskutiert und von der ihr verabschiedet. Selbiges trifft auch für die Standards für Bau und Bewirtschaftung kommunaler Gebäude und die Gemeindeentwicklung zu sowie für die Klimapaktziele. Ganz aktuell steht die Eigenstromnutzung aus Photovoltaikanlagen auf der Agenda sowie die Finalisierung des vom Klimapakt geforderten Kommunikationskonzeptes und und und ...

Es gibt sehr viel zu tun und wir alle sollten die Herausforderungen dieser Krise annehmen – eine echte Alternative haben wir ohnehin nicht – und das Beste daraus machen.

In diesem Sinne wünsche ich Ihnen allen eine inspirierende Sommerzeit, damit wir im Herbst und Winter mit guten Lösungen vorankommen.

*Ihr Klimaberater*
*Bernhard Jäckel*

# D'GEMENG WALDBËLLEG ENGAGÉIERT SECH FIR DEN NATURSCHUTZ

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

Den Naturpakt ass en neit Instrument, änlech wéi de Klimapakt, fir kommunal Initiativen am Beräich Natur- a Ressourceschutz ze fërderen. Dësen neie Projet gouf vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung lancéiert. Am Kader vum Naturpakt sollen déi Ziler ëmgesat ginn, déi op nationalem Niveau fir Natur-, Waasser- a Klimaschutz festgeluecht goufen.



Mam Naturpakt gëtt den Engagement fir den Naturschutz finanziell vum Staat belount. Besonnesch d'Gemenge kënnen als Virbild optrieden, duerch zum Beispill d'Finanzéiere vun natierlechen ëffentleche Gréngflächen an domat d'Bierger motivéieren, et d'selwecht ze maachen.

Déi kommunal Servicer fir den Naturschutz gi bewäert a Fonctioun vun den ëmgesate Moossnamen aus engem dofir entwéckelte Katalog. Dat kënnen d'Schafe vu natierleche Beräicher sinn, d'Installatioun vun Nisthëllefe fir Villercher oder Fliedermais, d'Fërderung vu strukturellen Elementer wéi einheimesch Beem, Hecken a Kraider. D'Moossnamen sinn a sechs Fachberäicher opgedeelt. D'Mesurë gi mat engem Punktesystem bewäert.

D'Zertifizéierungssubventioun gëtt op Basis vum Leeschtungsniveau berechent. Wann eng Gemeng op



d'mannst 40 Prozent vun de Punkten am Katalog erreecht huet, kritt se d'Grondzertifikat „Naturpakt Gemeng". Wann d'Gemeng 50 Prozent vun de Punkten erreecht, kritt se de Bronzestatus. Mat 70 Prozent vun de Punkte gëtt déi héchst Zertifizéierung „Gold" erreecht.

D'Gemeng Waldbëlleg huet sech de 4. November 2021 deem Naturpakt ugeschloss a setzt sech dofir an, bis 2030 esou vill Moossname wéi méiglech aus dem Katalog ëmzesetzen. D'Gemeng Noumer huet sech fir eng intern Naturpakt-Consultatioun am Natur & Geopark Mëllerdall ausgeschwat an ënnerstëtzt domat déi regional Zesummenaarbecht. D'Aufgab vum nei agestallten Naturpakt-Beroder ass et, d'Gemeng iwwer hir Participatioun um Naturpakt ze beroden.

Fir méi Informatiounen, kuckt op deen heite Link:
**www.pactenature.lu**



# MOUNT VUM BONGERT

Wann een un de Mëllerdall denkt, denkt een normalerweis u Fielslandschaften a geologesch wäertvoll Plazen. Charakteristesch Bestanddeeler vun der Regioun vum Natur- & Geopark Mëllerdall sinn och d'Uebstgäert, déi mir „Bongerten" nennen. Dës sinn en Deel vum kulturellen an natierleche Patrimoine vun der Regioun.

Dat qualitativ héichwäertegt Uebst aus de Bongerten gouf ëmmer fir vill Zwecker benotzt. Och haut verschaffe lokal Produzenten d'Uebst aus de Bongerten zu regional typesche Produkter vu ganz héijer Qualitéit: Äppeljus, Viz, Dréppen, a villes méi.



Net nëmmen den Natur & Geopark Mëllerdall selwer, mee och e puer vun de Partner bidden Aktivitéiten ronderëm d'Bongerten un. Um éischte Weekend am Oktober organiséiert Ramborn säin alljärlechen Harvest Day. Aktivitéite gi fir Jonk an Al ugebueden, dorënner e Kannerprogramm mat Äppel plécken a Jus maachen.

Äppel ginn och den 8. Oktober zu Schrondweiler am Gemengegaart Luusshaff zu Kompott a Jus verschafft.





Dofir huet den Natur- & Geopark Mëllerdall 2020 decidéiert, all Joer de Mount vum Bongert ze organiséieren. Dësen Hierscht ass dat vu Mëtt September bis Mëtt Oktober.

### Kulinaresch Héichpunkten

Während dem Mount vum Bongert bidde verschidde Restauranten an der Regioun sougenannte Bongert-Menüen un. Dat Besonnescht drun ass, datt déi Menüe virun allem mat regionalen Uebstproduiten preparéiert ginn.

### Fir d'ganz Famill

Wee selwer keen Äppelbam huet, kann un enger Pléckcampagne deelhuelen. Als Belounung kënnen d'Participanten e puer vun de gepléckten Äppel mat heem huelen.

### Traditioun

An der Regioun verschaffe verschidde Produzente vun Äppeljus, Viz an Dréppen, Gebeess a gedréchentem Uebst d'Uebst aus de Bongerten. Déi Produkter sinn a ville lokale Geschäfter ze kréien.

Op den traditionelle Viz-Festivalle kënnt Dir frëschen Äppeljus schmaachen. Et ginn dräi där Fester an der Gemeng Rouspert-Mompech: den 1. Oktober zu Rouspert, den 8. Oktober zu Steenem an den 21. Oktober zu Uessweller. Dir kënnt och den zweete Weekend am Oktober zu Iechternach op d'Vizfest vun de Guiden a Scoute goen.

Méi Detailer an de ganze Programm vum Mount vum Bongert fannt Dir op **www.naturpark-mellerdall.lu/mount-vum-bongert-2022**

*Fotoen: Caroline Martin*

Natur genéissen

## Save the date

# Meet the Producers

**Wéini?** **12. Oktober 2022, 14:30 Auer**

**Wou?** **Centre Culturel “Alen Atelier” zu Schieren**

Am Kader vum Projet

**Natur genéissen - Mir iesse regional, bio a fair**

invitéieren d’Naturparken an den Naturschutzsyndikat SICONA Iech häerzlech d’*Natur genéissen*-Produzente kennenzeléieren.

Schmaacht hir Produiten an tauscht Iech mat hinnen aus!

SICONA Naturschutzsyndikat · Naturpark Öewersauer · Naturpark Our · Naturpark Mëllerdall Geopark

12, rue de Capellen ■ L-8393 Olm ■ tél.: 263036-25 ■ fax: 263036-30 ■ administration@sicona.lu ■ www.sicona.lu

# TOUR DU DUERF

Responsabel fir meng Gemeng




## Die Gemeinde Waldbillig ist dabei.

**10.9. - 30.9.2022**

**Jetzt registrieren und mitradeln / Enregistrez-vous et participez!**

**tourduduerf.lu**

WALDBËLLEG D'GEMENG

Naturpark Mëllerdall Geopark

Klima-Bündnis Lëtzebuerg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

# DE CIGR-MËLLERDALL HUET 10 JOER!

De Centre for Initiative and Regional Management (CIGR) Mëllerdall ass eng Asbl, déi sech mat der Ausbildung an Integratioun vu Laangzäitchômeure beschäftegt, fir hinnen ze hëllefen, sech an den éischten Aarbechtsmaart ze integréieren.

De 17. Juni 2022 huet dëse Veräin säin 10. Anniversaire mat 150 Gäscht gefeiert, dorënner den Aarbechts-, Beschäftegungs- a Sozial- a Solidarwirtschaftsminister Georges Engel, souwéi de Mëttelstands- an Tourissemsminister Lex Delles,

Virun der offizieller Zeremonie war eng interessant Visite am Permakulturgaart „Generatiounsgaart Beaufort" ënner der Leedung vun der Madame Annick Feipel.

Trotz sengem fragile Gesondheetszoustand huet de President Ern Walerius drop gehalen, perséinlech dobäi ze sinn. A senger Ried ass en drop agaang, wéi hien als Buergermeeschter vu Bäertref mat dem Mangel u Personal am techneschen Departement ze dinn hat. Dat huet hien op d'Iddi bruecht, zwou Mécke mat engem Schlag ze kréien: Engersäits géint den Aarbechtsmangel ze kämpfen, an anerersäits eppes géint de Chômage ze maachen an den dovu betraffenen Awunner vu Bäertref an Ëmgéigend ze hëllefen, erëm eng Aarbecht ze fannen.







Den Direkter Hugues Herbillot an de Vizepresident Camille Hoffmann hunn déi Erklärungen mat perséinlechen Erliefnesser ergänzt.

Déi zwee Ministeren Lex Delles a Georges Engel hunn de Succès vun der Associatioun ënnerstrach a fir d'Zukunft weider Ënnerstëtzung versprach.

No de Rieden war et un der symbolescher Preparatioun vum éischte Stee vum Neibau fir d'Associatioun, dee bannent dräi Joer zu Beefort soll gebaut ginn. An dräi huel Zillen goufen 250 Kiselsteng geluechtt, op deenen d'Nimm vun de CIGR-Mataarbechter vun den éischten zéng Joer stinn. D'Steng goufe vun de Ministeren a vum President Ern Walerius versigelt. Dës dräi Steng sinn déi offiziell Grondsteng.

No engem gemittleche Patt a Gegrills mat regionale Produkter gouf den Dag mat engem Vëlostour um Beeforter Plateau ofgeschloss.



## D'Geschicht vun der CIGR-Mëllerdall ASBL

2006 war d'Gemeng Bäertref dem CIGR-Gréiwemaacher bäigestrueden. 2011 hunn de Camille Hoffmann, Buergermeeschter vun der Gemeng Beefort an den Ern Walerius, Buergermeeschter vun der Gemeng Bäertref, décidéiert, eng méi lokal Struktur am Mëllerdall ze schafen: de CIGR-Mëllerdall, mat de Gemenge Bäertref, Beefort an Noumer. D'ASBL gouf den 3. Oktober 2011 gegrënnt. Den Hugues Herbillot gouf Direkter.

Den Noperschaftshëllefsveräin Heinzelmännercher huet vun Ufank u bestane mam Zil, eelere Bierger ze hëllefen, hiert Haus an hire Gaart ze ënnerhalen.

2013 sinn d'Gemenge Konsdref, Waldbëlleg, Hiefenech, Fiels, Iechternach, Rousport, Mompech – haut Rouspert-Mompech – bei de Projet derbäi komm.

2013 gouf de Service Rentabike Mëllerdall gegrënnt, mat der Ënnerstëtzung vum Regional Tourist Office Région Mullerthal - Luxembourg's Little Switzerland.

No 10 Joer Existenz sinn d'Resultater positiv, de CIGR ass lokal gutt verankert. En ass vun 10 op 70 Mataarbechter gewuess. A véier Gemengen ass en Ëmweltservice mat 15 Aarbechter präsent.

An de leschten zéng Joer sinn net manner ewéi 250 Aarbechter duerch den CIGR gaangen, 85 Aarbechter goufen op den éischten Aarbechtsmaart reintegréiert, 80.000 Stonnen Hëllef fir Senioren realiséiert, 30.000 Vëloe verlount.






## Usrpooch vum Ern Walerius

De 14. November 2005 sinn ech Buergermeeschter vun der Gemeng Bäertref ginn.

Am Laf vum Joer 2006 ware mir am technesche Service vun der Gemeng mam Personalmangel konfrontéiert. Ech wousst, datt et Strukture ginn, déi mat Leit schaffen, déi no enger Aarbecht sichen. Well de Chômage ëmmer eng vu menge Suerge war, hunn ech geduecht, et wier gutt, de betraffene Leit aus Bäertref an aus der Regioun ze hëllefen, eng Aarbecht ze fannen. Esou hunn ech de CIGR Kanton Grevenmacher kontaktéiert, deen eis eng Propose gemaach huet. De Gemengerot vu Bäertref huet dës Zesummenaarbecht validéiert, an ech sinn och Member vum Verwaltungsrot vum CIGR Kanton Gréiwemaacher ginn.

D'Gemeng Bäertref an de CIGR Kanton Gréiwemaacher hu bis 2011 zesummegeschafft. Duerno hu mäi Frënd Camille Hoffmann, Buergermeeschter vun der Gemeng Beefort, an ech zesumme mat der Gemeng Noumer, déi bis dohi Member vum CIGR-Syrdall war, décidéiert, eng méi lokal Struktur an der Regioun Mëllerdall ze schafen. Mir hu mam Hugues Herbillot Kontakt geholl an esou gouf den 3. Oktober 2011 d'CIGR-Mëllerdall asbl gegrënnt.

Fir d'Aarbechter vun eiser neier Struktur opzehuelen, huet d'Gemeng Bäertref en techneschen Atelier zur Verfügung gestallt, dee vum Tourist-Office kaaft gouf. Den éischten Accord mam Aarbechtsministère hat nëmmen néng Beneficiairë virgesi fir en Aarbechtskontrakt.

Zënter hirer Grënnung huet d'Associatioun e lokale Service mam Numm Heinzelmännercher opgebaut, fir Leit iwwer 60 a Leit mat reduzéierter Mobilitéit ze hëllefen, an hirem Haus a ronderëm hiert Haus. Zanter 2013 hu sech d'Gemenge Konsdref, Waldbëlleg, Hiefenech, Fiels, Iechternach, Rousport-Mompech a Reisduerf dem Projet „Heinzelmännercher" ugeschloss.

Mir hunn och aner Projete mat „Rentabike Mëllerdall" an „Environnement Services" a véier Dierfer entwéckelt.

Et bleift mir, de Membere vum Verwaltungsrot fir déi lescht zéng Joer Merci ze soen fir hiert zolitt Engagement. E spezielle Merci geet un zwee Mataarbechter, den Hugues Herbillot an den Nuno Martins, déi an de leschten zéng Joer mat immens vill Engagement hei geschafft hunn.

Leider erlaabt mäi Gesondheetszoustand mir et net méi, esou aktiv ze sinn, wéi ech et fir den CIGR gären hätt. Ech bedaueren, datt ech dëser Erausfuerderung net méi gewuess sinn. Als President a Grënnungsmember vun dëser Vereenegung sinn ech wierklech houfreg, esou eng Struktur geschafen ze hunn, an domat 85 Chômeuren gehollef ze hunn an deenen zéng Joer, fir eng permanent Aarbecht ze fannen.

*Ern Walerius,*
*President vun der CIGR-Mëllerdall ASBL*

*Fotoen: Caroline Martin*















## SUMMERBLUMMEN




Bewonnert déi vill Blummen, déi dëst Joer ze Waldbëlleg gewuess sinn. Kennt Dir déi? Da schéckt eis den Numm dovunner, mat der Zuel dobäi, op **fuuss@waldbillig.lu**

Merci fir d'Matmaachen.
Äre FUUSS







## SUMMERFLOWERS

Admire the multitude of the local flowers in and around Waldbillig. Do you know some of them? Send us their name, with the number, to **fuuss@waldbillig.lu**

Thanks for participating.
Your FUUSS










## FLEURS D'ÉTÉ

Admirez les nombreuses fleurs qui ont embelli Waldbillig cette année. En connaissez-vous certaines ? Envoyez-nous le nom, avec le numéro de la fleur concernée, à **fuuss@waldbillig.lu**

Merci de votre participation.
Votre FUUSS
















*Iddi a Fotoen: Damaris*

# WAT ASS LASS? // *QUE FAIRE ?*

## AGENDA

Et ass an eiser Zäit net previsibel, wat an der Zukunft geschitt oder net geschitt. Dofir informéiert Iech de Moment selwer, fir d'Evenementer an der Gemeng um Internet-Site vun der Gemeng Waldbëlleg: **https://waldbillig.lu/** am Kapitel Loisirs an der Rubrik Agenda.

**Ganz wichteg: D'Veräiner kënnen a sollen hir Aktivitéiten selwer androen.**

Virgesinn ass elo, de Moment wou de FUUSS an den Drock geet, dat heiten:

- **22. September, 10:50 - 11:20:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain
- **23. September, vun 18:00 Auer un:**
  Meet and Greet an der Bushal, organiséiert vun der Integratiounskommissioun zesumme mat der Gemeng. Hei kënnen déi nei Bierger, also déi, déi rezent an d'Gemeng Waldbëlleg geplënnert sinn, sech op verschiddene Stänn informéieren iwwer d'Servicer vun der Gemeng, iwwer d'Prozeduren an och iwwer d'Veräiner an Associatiounen, déi et an der Gemeng gëtt. Alagesiessener sinn natierlech och wëllkomm.
- **24. September:**
  Aktioun Aalt Gezei / Collecte vieux vêtements vu Kolping Lëtzebuerg an der Gemeng
- **27. September, vun 18:00 Auer un:**
  8,5 Kilometer laang Wanderung ronderëm Chrëschtnech, laanscht de Lëschbuer an de Reedgesbuer. Et geet beim Veräinsbau zu Chrëschtnech lass. Et brauch ee sech net unzemellen. Bei schlechtem Wieder steet um Site *www.waldbillig.lu*, ob d'Wanderung ass oder net.
- **13. Oktober, 10:50 - 11:20:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain
- **10. November, 10:50 - 11:20:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain
- **18. November, 19:00 Auer am Kärespäicher an der Heringer Millen am Mëllerdall:**
  Liesung a Musek, vu Jhemp Hoscheit a Julien Arpetti. Org: Kultur- an Tourissemskommissioun
- **26. November, 20:00 Auer an der Kierch vu Waldbëlleg:**
  Concert vun der Uergelfrënn fir den 1. Advent mat de Luxembourg Jazz Voices: Edith van den Heuvel (Direktioun); Sébastien Cuiret (Uergel).
- **1. Dezember, 10:50 - 11:20:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain
- **17. Dezember, 12:00 - 12:00:**
  Chrëschtfeier Jonk an Al an der Cafeteria vun der Sportshal
- **26. Januar 2023, 10:50 - 11:20:**
  Bicherbus um Parking beim Fussballsterrain
- **26. Januar 2023:** Den neie FUUSS ass do!

## LOST & FOUND



Déi Kopfhörer sinn nom Duerffest am Haff vum Haus Nummer 2 an der Rue André Hentges fonnt ginn.



Et gouf och e Schlëssel am Duerf fonnt.

Déi Saache leie bei der Police. Telefon: 244 72 10 00



## D'RESTAURANTEN AN DER GEMENG

Et ass natierlech nach ëmmer virsiichteg, sech um Site vun de Restauranten ze informéieren, wéi an ënner wéi enge Conditiounen se op hunn. Mee prinzipiell sinn d'Zäiten am Summer déi heiten:

- De Restaurant an der **Heringer Millen** am Mëllerdall ass vu mëttwochs bis sonndes op.
  Et gëtt vun 12:00 bis 21:00 Auer ze iessen (sonndes bis 17:00 Auer).

  De Restaurant ass zou vum 19. Dezember 2022 bis den 22. Januar 2023.

  Telefon: 26 78 47 17
  E-Mail: *info@heringermillen.lu*
  *http://heringermillen.lu/*

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op donneschdes, freides a samsdes owes vun 18:30 Auer u bis 21:00 Auer fir déi lescht Commande, samsdes a sonndes mëttes vun 12:00 bis 14:00 Auer.

  Telefon: 83 67 48
  *www.guddekascht.lu*

- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall ass vun donneschdes bis sonndes op.

  Vun Dezember bis Mäerz ass de Restaurant zou.

  Telefon: 79 94 95
  E-Mail: *cigalon@pt.lu*
  *www.lecigalon.lu*

- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Iessen op Bestellung.

  Telefon: 621 31 83 69

## GEMENGEROT

D'Sëtzunge vum Gemengerot sinn ëffentlech. Si sinn am Hentgesbau am grousse Sall. Jiddweree ka kucken a lauschtere kommen.

Fir ze wëssen, ob déi Datumer effektiv esou kënnen agehale ginn, kuckt am digitale Raider op **https://waldbillig.lu/** ënner Quotidien. Do steet och den Ordre du jour.

**Virgesi no der Summervakanz sinn déi heiten Terminer:**

- Dënschdeg, 20. September, um 19:00 Auer
- Dënschdeg, 25. Oktober, um 19:00 Auer
- Donneschdeg, 24. November, um 18:00 Auer
- Dënschdeg, 20. Dezember, um 19:00 Auer


Foto: Georges Koster

DE FUUSS
als PDF online!



*Foto: Damaris*

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG